# Gemengebuet

N°1 | 2026



Schëtter

# Gemengebuet

**N°1 | 2026**

**IMPRESSUM**

**EDITEUR:** Gemeng Schëtter

**LAYOUT AN DESIGN:** maru.

**FOTOEN:** Gemeng Schëtter,
Fotoclub Schëtter, Steve Troes.

**DROCK:** Imprimerie OSSA

**DROCK-QUANTITÉIT:** 600 ex.

# INHALTSVERZEECHNES

**03 Virwuert**

**06 Neies aus der Gemeng**

06 Weltkannerdag

07 Orange Week

09 Ruffbus Syrdall

10 Zesummenaarbecht mat Solina Aarbechtshëllef

11 Verstäerkung vum Gesetz géint Tubak an Nikotinproduiten

13 Hochzäit

**14 Infrastrukturprojeten**

14 Projet en cours: Kierfecht

**15 Gréngen Eck**

15 Schottergäert

17 Twin4Resilience: E Projet fir eng méi resilient Zukunft

**19 Mënsche mat Geschichten**

19 Elterevereenegung: Mat vill Häerzblutt fir eis Kanner

23 Matei Radu: Astronaut fir een Dag

**25 Réckbléck op eis Evenementer**

**45 Veräinsliewen**

**54 Manifestatiounskalenner**

**57 Gemengerotssëtzungen**

91 Budget 2026

**101 Verschiddenes**

# LÉIF BIERGERINNEN A BIERGER,

Zu alleréischt wënsche mir Iech e schéint, gesond an erfollegräicht neit Joer. Och wann déi éischt Woche vun 2026 schonn hannert eis leien, ass et nach ëmmer net ze spéit, fir déi gutt Virsätz an d'Realitéit ëmzesetzen a sech neien Erausfuerderungen ze stellen.

Fir eis als Gemeng bedeit dat, op Basis vum Budget, deen am Dezember gestëmmt gouf, konkret Projeten unzegoen, déi d'Liewensqualitéit an eiser Gemeng weider verbesseren. Dëst ëmfaasst ënner anerem gréisser Investitiounen an eng modern an nohalteg' Infrastruktur, sou zum Beispill d'Erweiderung vum Campus „an der Dällt". Fir dass de Schoulcampus och an Zukunft de Besoine vun de Kanner an dem Léier- an Erzéiungspersonal gerecht gëtt, fänken d'Ausbauaarbechte vun der Maison Relais an dem Cycle 1 schonn am Abrëll/Mee un. Zil ass et, genuch Raum fir Kreativitéit, Individualitéit an e frëndlecht Léierëmfeld ze schafen.

Am Beräich Ëmweltschutz gi konkret Moossnamen ëmgesat, fir d'Biodiversitéit ze fërderen an natierlech Liewensraim vu villen Déieren- a Planzenaarten ze erhalen. Mir wäerten och nees verstäerkt mam sougenannte Mähbalken méien, fir dass d'Gras méi laang ka stoe bleiwen an de Buedem geschount gëtt.

Mat biergernoen Initiative wëlle mir d'Zesummeliewen an der Gemeng aktiv fërderen. Sou kritt de Sproochecafé en neit Konzept, an Är Iddien, déi am Kader vun de Biergerateliereen an dem partizipative Budget gesammelt goufen, wäerte mir versichen, nach 2026 ëmzesetzen.

Biergerno soll och eis Kommunikatiounsstrategie sinn, besonnesch wärend de Chantiersaarbechten an der Rue Principale. Och wann temporär Stroossespären a Stéierungen net ganz ze vermeiden sinn, setze mir alles drun, se op e Minimum ze reduzéieren an Iech transparent iwwer d'Fortschrëtter op de Schantercher ze informéieren – den aktuelle Stand vun den Aarbechte kënnt Dir op eiser Websäit oder op de soziale Medie verfollegen. Trotz de Bauaarbechte wëlle mir d'Liewen am Duerf dynamesch halen. Eis lokal Geschäfter bleiwe fir Iech op a sinn zu all Moment zu Fouss erreechbar. Mir géifen eis freeën, wann Dir d'Commercanten och an dësen Zäite mat Äre Visitte géingt ënnerstëtzen. Fir hir Visibilitéit ze stäerken, wäerte mir an den nächste Wochen a Méint reegelméisseg kuerz Videoe publizéieren, an deene mir hir Aktivitéiten a Produite virstellen.



Lokal akafen heescht net nëmmen op Regionalitéit setzen, mee och op Zesummenhalt an d'Stäerkung vun eiser Gemeinschaft.

Elo, wou d'Deeg lues awer sécher nees méi laang ginn an d'Sonn sech méi dacks weist, fannen och nees Fester an Aktivitéiten dobausse statt. Ob Liichtmëssdag, Buergbrennen oder d'Grouss Botz – et ass schéin ze gesinn, dass Dir, léif Biergerinnen a Bierger, dës Traditioune mat Freed a Stolz viruféiert. Zesumme mat eise Kommissiounen a Veräiner drot Dir dozou bäi, dass d'Gemeng Schëtter lieweg a liewenswäert bleift.

D'Fréijoer steet virun der Dier, dofir loosst eis mat frëscher Energie nei Iddien ugoen. Wéi wier et mat engem Blummebeet mat heemesche Planzen? Dëst fërdert net nëmmen d'Biodiversitéit, mee verschéinert och d'Gemeng. Oder mat engem klengen Nopeschfest, bei deem ee sech an entspaanter Atmosphär kenneléiert a gemeinsam eng schéin Zäit verbréngt? Loosst eis d'Zäit sënnvoll notzen. D'Joer 2026 hält nach vill Méiglechkeeten a schéi Momenter fir eis bereet. Dovu si mir iwwerzeegt!

**Äre Schäfferot**






**Wousst Dir, dass d'Gemeng Schëtter eng Fläch vu 16,1km² huet?**

Dat ass bal 8 Mol méi grouss wéi Monaco an esouguer 36 Mol méi grouss wéi de Vatikan!

# WELTKANNERDAG

Fir de Weltkannerdag goufen zu Lëtzebuerg an op der ganzer Welt Gebaier a Monumenter blo beliicht. Och d'Gemeng Schëtter huet bei der Unicef-Aktioun „Go Blue" matgemaach a mat der Beliichtung um Campus „an der Dällt" en Zeeche fir méi Gerechtegkeet gesat.

Nieft der symbolescher Beliichtung gouf op verschiddene Plazen iwwert d'Kannerrechter sensibiliséiert, zum Beispill am Schëtter Jugendhaus. Passend zum Motto „Go Blue" hunn déi Jonk d'Raimlechkeete blo dekoréiert, sech mat Broschüren iwwert d'Rechter vun de Kanner auserneegesat, zesummen diskutéiert an Eisekuche gebak – e flotte Mix aus Informatiounsaustausch a Gesellegkeet.

All Joer gëtt den 20. November op d'Rechter vun de Kanner opmierksam gemaach, sief et mat Bléck op hir Sécherheet, Bildung oder Zukunftsperspektiven. Dësen Dag soll drun erënneren, wéi wichteg et ass, Kanner eng Stëmm ze ginn, déi gehéiert gëtt, um Weltkannerdag an all aneren Dag vum Joer.









# ORANGE WEEK

Och dëst Joer huet d'Gemeng Schëtter op d'„Orange Week" opmierksam gemaach, eng Campagne, déi sech géint all Form vu Gewalt géintiwwer Fraen a Meedercher riicht. Trotz Opklärungsaarbecht bleift Gewalt am Stot leider nach ëmmer e Problem: Offizielle Statistiken no ginn zu Lëtzebuerg all Joer méi wéi 1.000 Persounen als Affer vun haislecher Gewalt registréiert, an Experte ginn dovun aus, datt d'Donkelziffer däitlech méi héich ass.

Fir e staarkt Zeeche géint haislech Gewalt ze setzen, goufen zu Lëtzebuerg an iwwert d'Landesgrenzen eraus eng grouss Panoplie un Aktiounen organiséiert, fir iwwert dëst wichtegt Thema ze informéieren. Hei am Land waren et eleng 80 Evenementer, déi an deem Kader stattfonnt hunn. Donieft goufe vum 25. November bis den 10. Dezember 45 Gebaier orange beliicht, dorënner och de Campus „an der Dällt".

De Gemengerot huet seng Solidaritéit ënnerstrach, andeems all Conseiller wärend der Sëtzung de 26. November eng orange Spéngel unhat.

### Ausstellung „Derrière les chiffres"

Fir iwwert d'Thema Femizid ze sensibliséieren, gëtt am Fréijoer 2026 d'Ausstellung „Derrière les chiffres" an der Galerie um Campus „an der Dällt" gewisen. D'Ausstellung mécht däitlech, datt hannert den Zuelen, déi all Joer veröffentlecht ginn, Schicksaler stieche vu Mammen, Duechteren a Fréndinnen, déi ëmbruecht goufen. D'Kënschtlerin Fanny Vella huet zesumme mam Kollektiv „Nous outes Lyon" Portraite vun dëse Fraen am Comic-Format erstallt, fir hinnen eng lescht Éier ze erwei-

sen an d'Ëffentlechkeet iwwer dës wichteg Problematik ze sensibiliséieren.

## Hëllef fir Affer vu Gewalt: Wou fënnt een Ënnerstëtzung?

Gewalt ass ënner kenger Form acceptabel. Am Fall, wou eng Persoun ënner haislecher Gewalt leit, ass et wichteg, drop opmierksam ze maachen, dass et verschidde Plaze ginn, wou déi betraffe Leit gehollef kréien:

- Police ▸ T. 113
- infoFemmes ▸ infofemmes@fmpo.lu
- SOS Détresse ▸ www.454545.lu
- Violence.lu ▸ www.violence.lu
- UMEDO ▸ www.umedo.lu
- Nationalen Zenter fir Affer vu Gewalt

## Nationalen Zenter fir Affer vu Gewalt

Den 29. Abrëll 2025 huet den nationalen Zenter fir Affer vu Gewalt seng Dieren opgemaach. Eng Ariichtung, déi de betraffene Persounen (volljäreg a mannerjäreg) onbeschränkten Zougang, eng professionell Betreiung, en oppent Ouer an eng ambulant Versuergung op der Plaz bitt an eng séier Iwwerweisung an d'Urgencë garantéiert. D'Haaptzil besteet doran, de Betreiungsparcours fir Affer vu Gewalt ze optiméieren, andeems mat verschiddenen operative Partner (Dokteren, Assistents sociaux, Infirmieren, Police a Parquet) zesummegeschafft gëtt.

**Adress:** 3A, Val Ste Croix, L-1371 Luxembourg
**Telefon:** (+352) 27 55 53 15
**Mail:** info.cnvv@croix-rouge.lu

**Ëffnungszäite vum CNVV:**

- Méindes – donneschdes: 17:00 – 00:00
- Freides: 18:00 – 02:00
- Samschdes: 10:00 – 02:00
- Sonndes: 10:00 – 00:00

## „Signal for Help"

Eng weider Méiglechkeet, an der Ëffentlechkeet oder an engem Videocall diskret no Hëllef ze froen, ass dat sougenannten "Signal for Help". Eng simpel Handbeweegung, déi an Noutsituatioune vill bewierke kann a hiren Ursprong an der Corona-Pandemie hat. Sollt Dir op dëst Signal opmierksam ginn, ass et wichteg, diskret mat där Persoun ze kommunizéieren an, wann néideg, professionell Hëllef ze sichen.

**Wéi gëtt dës Handbeweegung gemaach?**

1. Eng Hand an d'Luucht halen an den Daum no banne beweegen.
2. D'Fangeren iwwert den Daum béien.



1



2

# RUFFBUS SYRDALL

Dir wëllt Frënn oder Famill am Altersheem besichen oder an d'Spidol fueren, ouni Iech ëm eng Parkplaz ze këmmeren? Da profitéiert vum Ruffbus Syrdall! Dësen individuelle Ruffbusdéngscht kënnt Iech bequeem heem sichen a bréngt Iech dohin, wou Dir wëllt.

Den elektresche Minibus bitt Plaz fir aacht Persounen a ka vu jidderengem gebucht ginn, deen an de Gemenge Schëtter oder Nidderaanwen wunnt oder schafft. Vu méindes bis donneschdes fiert en tëscht 8 an 22 Auer, freides a samschdes esouguer bis 1 Auer an der Nuecht. Besonnesch praktesch: de Ruffbus ass net nëmmen an de Gemenge Schëtter an Nidderaanwen ënnerwee, mee fiert och verschidden Destinatiounen an anere Gemengen un, z.B. d'Sportshal zu Conter, d'Senioreresidenz zu Kanech souwéi d'Spidol an d'Rehazenter um Kierchbierg. Ausserdeem passt sech de Bus de Bedierfnisser vun all eisen Awunner un. Ob Vëlo, Kutsch oder Rollstull – et ass fir jidderee Plaz am Gefier.

D'Reservatioun ass ganz einfach: Rufft um 28 108 39 un a sot, wéini a wou Dir wëllt ofgeholl ginn, wou et higoe soll, wéi vill Persoune matfueren an ob Dir e Retour braucht. Dir kënnt Ären Trajet fréistens siwen Deeg am Viraus a spéitstens 30 Minutte virum Depart buchen.

Probéiert et aus, an entdeckt, wéi einfach a flott d'Mobilitéit an eiser Gemeng ka sinn!




# ZESUMMENAARBECHT MAT SOLINA AARBECHTSHËLLEF

Den 1. Januar 2026 sinn e puer Ännerunge bei de Seniore-Servicer a Kraaft getrueden. D'Gemeng Schëtter schafft zanter dem Ufank vum neie Joer mat Solina Aarbechtshëllef zesummen. Si bidde Senioren iwwer 65 Joer a Persounen, déi op Hëllef ugewise sinn, verschidde Servicer un: Aarbechten am Gaart, Haushalt a kleng Reparaturen. Déi Persounen, déi d'Prestatiounen aktuell ënnert de Konditioune fir Leit iwwer 60 Joer notzen, kënnen dat och an Zukunft weiderhi maachen.

D'Gemeng Schëtter iwwerhëlt déi administrativ Käschten esou wéi d'Fraise fir de Leasing vun de Gefierer. Fir eng gerecht Opdeelung vun de Servicer ze garantéieren, sinn d'Stonne fir Gaardenaarbechten a kleng Reparaturen op 20 Stonnen de Mount limitéiert. Bei den Haushalt- a Botzaarbechte sinn et 4 Stonnen d'Woch. Wat d'Tariffer ugeet, iwwerhëlt d'Gemeng 30% vun de geleeschten Aarbechtsstonnen. Dat entsprécht 5,48€ pro Stonn (ouni TVA) fir Gaardenaarbechten a kleng Reparaturen souwéi 6,58€ pro Stonn (ouni TVA) fir Haushalt- a Botzaarbechten.

**Méi Informatiounen op www.aarbechtshellef.lu.**



# VERSTÄERKUNG VUM GESETZ GÉINT TUBAK AN NIKOTINPRODUITEN

Dat neit Gesetz am Kader vun der Bekämpfung vum Tubakkonsum ass den 1. Januar 2026 a Kraaft getrueden. Dëst Gesetz huet d'Zil, d'Gesondheet vun der Bevëlkerung – besonnesch vu Kanner a Jonken – besser ze schützen, andeems erhëtzten Tubaksproduiten, Nikotinsäckelcher an aner nei Nikotinproduite méi streng gereegelt ginn.

Dës Produiten ënnerleien de selwechte Reegele wéi traditionell Zigaretten: Zousazstoffer wéi CBD oder Kaffein si verbueden. De Konsum vun dëse Produiten ass op alle Plazen ënnersot wou Kanner a Jonker ënnerwee sinn, wéi z. B. Schoulen, Spillplazen oder aner ëffentlech Raim. Zousätzlech ass de Verkaf u Persounen ënner 18 Joer strikt verbueden an däitlech Gesondheetswarnunge mussen affichéiert ginn. Den Nikotingehalt an den Nikotinsäckelcher an aner nei Nikotinproduiten ass op maximal 0,048 mg pro Säckelchen, oder pro Eenheet limitéiert.

Dëst Gesetz stellt e wichtege Schrëtt duer, fir d'ëffentlech Gesondheet ze stäerken an de Schutz vun de Jonken ze verbesseren.

**Méi Informatiounen op www.maviesanstabac.lu oder www.generation-sanstabac.lu.**

Commune SANS TABAC

# La législation antitabac au Luxembourg I Ce que dit la Loi

*Ce document a un objectif purement informatif et n'a aucune valeur juridique. Pour toute précision, consultez la loi.*

Ce document propose un panorama de la loi antitabac du 11 août 2006 et intègre les ajouts et modifications introduits en 2013, 2017 et 2025.

## Les produits concernés par la loi

**Produits du tabac**
Cigarette
Tabac à rouler
Pipe
Cigare et cigarillo
Chicha/Narguilé
Tabac chauffé
Tabac à macher ou priser

**Produits nicotiniques (sans tabac)**
Cigarette éléctrique rechargeable et jetable
Sachets de nicotine
Nouveaux produits nicotiniques

## Produits non concernés par la loi

Les produits nicotiniques destinés au sevrage tabagique* disponibles en pharmacie.

*p.ex : patchs, sprays, gommes, etc.

## Vente et achat (2025)

### Interdit aux mineurs de moins de 18 ans

Interdiction en vigueur depuis 2006. En cas de doute, depuis 2026, le vendeur doit exiger la présentation d'une pièce d'identité à des fins de vérification.

### Vente et achat en ligne

**Interdite**

Vente en ligne et vente transfrontalière à distance sont interdites.

## Distribution échantillon

### Distribution gratuite interdite

Interdiction de donner, offrir, distribuer ou livrer gratuitement des produits, même dans le cadre de promotions, événements, ou par internet.

## Évènements / Espaces extérieurs

### Encadrement possible par règlement Grand-Ducal

Certaines zones extérieures (p. ex. stades, festivals, terrasses) peuvent être soumises à des interdictions locales de fumer/vapoter, selon des règlements grand-ducaux ou décisions communales.

## Étiquetage et emballage

### Avertissements sanitaires obligatoires

**Pour tous produits du tabac et sachets de nicotine** : images choc et messages graphiques obligatoires.

**Pour les cigarettes électroniques, les flacons de recharge et les nouveaux produits nicotiniques :** avertissements textuels obligatoires.

## Publicité, promotion et parrainage

### Totalement interdit

Interdiction stricte de la publicité et du parrainage. Publicité uniquement autorisée sur le point de vente à l'intérieur des débits tabac avec plusieurs restrictions.

## Composition et arômes (2025)

### Arômes interdits

**Cigarettes, tabac à rouler, tabac chauffé** : arômes caractérisants* et certains additifs** interdits.

**Autres produits du tabac :** certains additifs** interdits.

**E-cigarette** : certains additifs** interdits.

**Sachets de nicotine** : certains additifs** + caféine, CBD, taurine interdits.

*odeurs ou goûts (p.ex : menthol, vanille, bonbon...)
**liés à l'énergie, facilitant l'absorption de la nicotine ou considérés toxiques

## Consommation

### Interdiction dans les lieux publics couverts et fermés

**Interdit de fumer ou vapoter dans :** établissements scolaires et leur enceinte, crèches, hôpitaux, transports publics, lieux de travail fermés, restaurants et bars.

## Teneur maximale en nicotine (2025)

### Maximum 0,048 mg libérée par unité et par gramme de produit uniquement pour :

**Sachets de nicotine** : limite de 0,048 mg de nicotine par sachet

**Nouveaux produits nicotiniques** : limite de 0,048 mg de nicotine par unité (ou par gramme si le produit n'est pas conditionné par unité).

## Protection des mineurs

### Interdiction renforcée

Interdiction renforcée dans les lieux destinés à accueillir ou à heberger des mineurs : écoles et leur enceinte, aires de jeux, enceintes sportives où des <16 ans font du sport, véhicules avec des enfants de moins de 12 ans.

## Sanctions

### Amende administrative et pénale

Les contrevenants (vente à mineur, publicité, usage dans lieux interdits, etc.) peuvent être sanctionnés par des amendes administratives ou pénales.

Fondation Cancer
Info · Aide · Recherche

# HOCHZÄIT



Gléckwonsch


**Schommarz Kurt & Kails Caroline**
12.12.2025

# PROJET EN COURS: KIERFECHT










Kiercheplaz
- Schëtter



# SCHOTTERGÄERT

An deene leschte Joren hate Schottergäert vill Succès an der Gemeng Schëtter. Et versprécht ee sech wéineg bis keng Aarbecht, e „proppere" Virgäertche mat kloere Linnen a keng weider Käschten, wann de Schottergaart bis ugeluecht ass. Allerdéngs wäerte vill Leit scho festgestallt hunn, datt d'Realitéit eng aner ass: mat der Zäit kënnt Onkraut tëscht de Steng op, an d'Temperature virun der Hausdier si virun allem am Summer net méi ze erdroen. Dëst läit virun allem dorun, datt d'Steng sech mat den ëmmer méi waarme Summere staark ophëtzen, keng Planzen do si fir Schied, an duerch d'Versigelung de Buedem weder Waasser ophuelen nach verdonste kann an sou och net d'Temperature regléiere kann. Et hëlt ee sech also mat engem Schottergaart eng richteg Wüst virun d'Dier!

D'Insektevillfalt ass an deene leschte Jore staark zeréckgaangen, wat ënnert anerem dorunner läit, datt si ëmmer manner Liewensraum an lesse fannen. Mat engem Schottergaart dréit een dozou bäi, datt et ëmmer manner Wëllbeien a Päiperleke gëtt, op déi mir awer dringend fir d'Bestëbsen an domat d'Erträg vun eiser Liewensmëttelproduktioun ugewise sinn. Mat engem bestëbserfréndleche naturnoe Virgäertche kann een all dëse Problemer entgéint wierken, a verschéinert donieft och nach säin Terrain. E gutt geplangten naturnoe Virgaart bitt Liewensraum fir eng Villzuel un Déieren an Insekten, reduzéiert d'Hëtzt am Summer a kann och bei Staarkreen vill Waasser versickere loossen a sou Iwwerschwemmunge reduzéieren.

Wann Dir méi fir d'Erhale vun der Aartevillfalt an Ärem eegene Gaart maache wëllt, da kënnt Dir Iech ënnert www.sias.lu iwwert déi verschidde Méiglechkeeten informéieren, oder Iech vun engem Mataarbechter vun der Biologescher Statioun vum SIAS berode loossen.

**www.sias.lu**

**Kontakt**

**Doris Bauer**
**d.bauer@sias.lu**
**tel.: 34 94 10 27**
**www.sias.lu**

Auteur vum Artikel:

SIAS

# TWIN4RESILIENCE: E PROJET FIR ENG MÉI RESILIENT ZUKUNFT

Den Twin4Resilience ass en innovativen europäesche Projet, dee sech dorop konzentréiert, wéi mir als Gesellschaft besser mat Erausfuerderunge wéi Klimawandel, Naturkatastrophen oder gesellschaftleche Krisen ëmgoe kënnen. Partnerstied/-regiounen aus 6 verschiddene Länner schaffen zesummen um Zil, fir modern Technologien an digital Zwillinge vum Territoire ze benotzen, fir d'Resilienz vun eiser Ëmwelt, Infrastruktur a Gemeinschaften ze stäerken.

Duerch eng enk Zesummenaarbecht tëscht Fuerscher, Gemengen, Entreprisen a Bierger gëtt am Projet u Léisunge geschafft, déi konkret Verbesserunge fir d'Zukunft bréngen. D'Initiativ setzt op Innovatioun, Nohaltegkeet an d'Stäerkung vun der lokaler Kapazitéit, fir Krisen ze bewältegen.

## Consortium Meeting am Dezember zu Schëtter

Schëtter huet de 17. an 18. Dezember 2025 e wichtege Consortium Meeting organiséiert, wou all d'Partner zesummekomm sinn, fir d'Fortschrëtter ze diskutéieren, Erfarungen auszetauschen an déi nächst Schrëtt fir de Projet festzeleeën. Dëst Treffe war eng super Geleeënheet, fir d'Zesummenaarbecht ze verdéiwen an nei Iddien ze entwéckelen, déi dem Projet eng dynamesch Richtung ginn.

## Partner

Am Projet si Partnerstied/-regiounen aus 6 europäesche Länner involvéiert, dorënner Schëtter (LU), Utrecht (NL), Amsterdam (NL), Bréissel (BE), Rennes (FR), Dublin (IE), Flandern (BE) a Leiedal (BE).

**Weider Detailer zum Projet fannt Dir op www.t4r.nweurope.eu.**



# MAT VILL HÄERZBLUTT FIR EIS KANNER

Elterevereenegung • Astrid van der Drift (Presidentin), Tamara Smit (Tresorière), Samantha Wilwerding (Member)

Vill vun de schéinste Momenter am Schouljoer géifen ouni d'Elterevereenegung net entstoen. D'APE (Association de Parents d'élèves de l'école Schuttrange) schafft dacks hannert de Kulissen, mee hir Aarbecht ass iwwerall ze spieren. Mat vill Léift, Zäit an Engagement suergt si dofir, datt d'Kanner an hir Familljen eng flott Zäit matenee verbréngen. Zu hire bekanntsten Evenementer zielen den Halloweenbal, d'Kleeserchersfeier, de Fuesbal an d'Schoulfest. Awer och op ville Gemengeneventer ass d'APE mat dobäi, meeschtens mat hire beléiften Eisekuchen.

## Eng grouss Panoplie un Aufgabeberäicher

E puer vun hiren Aktivitéiten entstinn duerch eng enk Zesummenaarbecht mat der Schoul. Ee vun dësen Highlights ass d'Kleeserschersfeier. Hei si Membere vun der Elterevereenegung de ganzen Dag am Asaz, preparéieren Titercher a passen drop op, datt Kanner mat Allergien oder Intoleranzen eng ugepassten Tut mat Séissegkeete kréien, fir dass och si hire Kaddo vum Kleesche genéisse kënnen. E weidere feste Rendez- vous ass d'Schoulfest um leschte Freideg virun der Summervakanz. Schonn am September ginn déi éischt Virbereedunge getraff. D'Elterevereenegung iwwerhëlt de komplette Catering: Grillstand, Eisekuchen, Glacen a Gedrénks, a suergt domat dofir, datt jidderee gutt versuergt ass. Net feelen dierfe Spiller a flott Aktivitéiten, déi d'Kanner begeeschteren an den Elteren eng Verschnaufpaus ginn, fir mat aneren Erwuessenen an d'Gespréich ze kommen an zesum-



men den Ofschloss vun engem gelongene Schouljoer ze feieren.

Zousätzlech zu dësen Eventer ënnerstëtzt d'APE och Projeten, déi d'Sécherheet an d'Wuelbefanne vun de Kanner förderen. Sou hu si de Schüler leschte Joer eng giel Sécherheetswest gespent, an an der Schoulbibliothéik e Bicherhaische finanzéiert. D'Kaddoe vum Kleesche ginn och aus de Fonge vun der Elterevereenegung bezuelt. Fir dës Initiativen ze erméiglechen, froe si eng Cotisatioun bei den Elteren: 10 Euro pro Kand, respektiv 25 Euro fir Famillje mat dräi oder méi Kanner.

## D'Käpp hannert der Elterevereenegung

D'APE besteet aus engem engagéiertem Grupp vun Elteren, deenen hir Kanner zu Minsbech an d'Schoul ginn. Am Comité sëtzen aktuell 12 Memberen, ënnerstëtzt vun enger Rei Persounen, déi punktuell hëllefen, och wann hir Kanner schonn am Lycée sinn. Aktuell besteet de Comité just aus Mammen. Et géing ee sech natierlech iwwer all Papp freeën, dee mat u Bord wëll kommen,



betount d'Presidentin Astrid van der Drift. „Wann ech zeréckkucken op d'90er Joren, do war de Fra-Mann-Undeel gläich. Och bei de Grënnungsmembere waren et genee sou vill Männer wéi Fraen. Momentan hu mir zwar nëmme Mammen am Comité, awer vill Pappe sinn am Hannergrond ganz aktiv." An déi Aarbecht wéisst een ze schätzen, well all Eenzele vun hinnen zum Erfolleg vun hiren Eventer bäidréit.

Eng divers, flexibel an oppen Ekipp, esou gesäit sech d'Elterevereenegung, bei där jidderee wëllkomm ass, onofhängeg dovun, wéi vill Zäit een huet oder wéi ee sech am beschte wëll abréngen. Lëtzebuergeschkenntnisser sinn dobäi net erfuerderlech. „Mir sinn eng international Gemeng, an dat gesäit een och an der Schoul an an eisem Comité. Eis Reunioune sinn haaptsächlech op Englesch, mat Lëtzebuergesch a Franséisch gemëscht. Jiddereen, deen eppes bäidroe wëll, kann dat gär maachen. D'Sprooch ass zweetrangeg. Mir fannen ëmmer e Wee. A wann ech mol e Wuert net weess, hëlleft Google Translate", sou d'Astrid van der Drift.





## „Wa Fester sinn, si mir frou iwwer all Hand, déi mat upéckt!"

Fir d'Elterevereenegung zielt all Form vun Hëllef: Kuch baken, eng hallef Stonn hannert dem Comptoir stoen, dekoréieren oder nom Event opraumen a botzen. Wie si ënnerstëtze wëll, brauch weder un all Versammlung deelzehuelen nach ëmmer disponibel ze sinn, ënnersträicht d'Presidentin: „Et soll kee sech verflicht fillen. Jidderee soll kucken, wéi e sech am beschten organiséiert kritt. A wann een Zäit huet, da gären."

Wéi dat an der Praxis ausgesäit, erzielt d'Samantha Wilwerding: „Ech hu vun Ufank u gesot, datt ech net beim Schoulfest kéint hëllefen. Ech hunn dräi kleng Kanner do lafen. D'selwecht op de Baler... Ech konnt do keng Hand mat upaken. Awer sou Saache wéi Muffins am Virfeld baken, dat konnt ech."

### Kleng Hänn, grouss Wierkung

Nieft den Erwuessene sinn et och eng Partie Kanner, déi bei de Preparatiounen hëllefen. Si erliewen aus éischter Hand, wéi en Event entsteet, a kréien e Gefill dofir, wéi vill Aarbecht hannendru stécht. „Eis Kanner léieren esou, wéi wichteg de Benevolat ass. Ouni Fräiwëlleger géife mir dat nämlech alles net hikréien", erkläert d'Tresorière Tamara Smit. An dobäi hunn déi Kleng richteg vill Freed un hiren Aufgaben. Si rëschten de Sall virum Fuesbal, fëllen d'Popcornmaschinn oder preparéieren d'Séissegkeetebecheren. Dem Astrid seng Duechter war esouguer um Schëtter Chrëschtmaart mat dobäi an huet mat zwou Frëndinnen Eisekuche verkaf. Esou setzt d'Elterevereenegung schonn haut d'Weiche fir muer an dréit dozou bäi, datt de Benevolat – an domat och d'Veräinsliewen – an Zukunft weiderlieft.

# „Eist Zil: Glécklech Kanner a frou Elteren"

Obwuel d'Membere vun der Elterevereenegung sech vill Méi ginn, fir de Kanner an Eltere Freed ze bereeden, gëtt e groussen Deel vun hirer Aarbecht iwwersinn. Déi meescht Aufgabe geschéien hannert de Kulissen. Esou ginn d'Klassefotoen zum Beispill dacks der Schoul zougeschriwwen, obwuel d'Elterevereenegung sech ëm d'Organisatioun an de Pass partout këmmert. D'Wäertschätzung wier zwar do, mee hir Visibilitéit kéint nach verbessert ginn, fënnt d'Astrid. Aner Veräiner hunn eng natierlech Presenz duerch Musek oder Sport, mee d'APE schafft am Hannergrond. „Dofir ass et flott, dass mir am Gemengebuet presentéiert ginn, fir dass d'Eltere besser verstinn, wat mir alles maachen", erkläert d'Presidentin. Bei engem Punkt si sech d'Astrid, d'Tamara an d'Samantha eens: Mat hirem Engagement bréngen si et fäerdeg, Kleng a Grouss e Laachen an d'Gesiicht ze zauberen. An dofir maache si weider – soulaang, bis nei Memberen an de Comité kommen an hir Aarbecht mat neien Iddien an Elan weiderféieren.







# ASTRONAUT FIR EEN DAG

Matei Radu • Schüler

De 14. Oktober 2025 hate 15 Jugendlecher aus Lëtzebuerg d'Chance, un engem Parabelfluch deelzehuelen, ënnert hinnen de Matei Radu aus der Gemeng Schëtter. Säi Papp, dee sech zanter Laangem fir de Weltraum begeeschtert, hat op der Internetsäit vun „Astronaut fir een Dag" gesinn, dass et e Concours géing ginn, a säi Jong gefrot, ob hien interesséiert wier. „Ech hunn direkt Jo gesot, well et war eng eemoleg Experienz! Net nëmmen de Fluch, mee och d'Méiglechkeet, Ambassadeur fir d'LSA (Luxembourg Space Agency) ze ginn", erzielt de 16 Joer ale Schüler.

Ufanks waren et iwwer 400 Kandidaten am Alter vun 13 Joer oder méi al. D'Selektioun war streng: sportlech, medezinesch, logesch a psychologesch Tester hunn d'Participanten op d'Prouf gestallt. Schrëtt fir Schrëtt ass d'Zuel erofgaangen, bis zum Schluss nach 40 Lycéesschüler



© PANCAKE! Photographie

iwwreg bliwwe sinn. 15 aus Lëtzebuerg, déi aner aus Éisträich an Estland.

D'Preparatiounen hu vill Zäit an Energie an Usproch geholl: „Et war ustrengend! Ech hu mech gefrot, wisou ech iwwerhaapt matmaachen. Mee du hunn ech mech drun erënnert, dass et mäin Dram war zanter ech kleng war. Ech wollt schonn ëmmer Astronaut ginn. An dofir hunn ech gesot: Ech zéien dat duerch, egal wéi schwéier et ass. Well et ass eng eemoleg Saach, déi ni méi erëmkënnt."

## En onbeschreiflecht Gefill

De Parabelfluch selwer ass schwéier a Wierder ze faassen. De Matei vergläicht et mat enger Spillplaz-Erfarung: „Et ass, wéi wann een op der Schaukel ganz héich geet. An dann, an där klenger Sekonn, éier een nees erofgeet, huet een dat Gefill, kee

Gewiicht ze hunn. Just dass et hei vill méi laang dauert. Et kribbelt am Bauch, d'Schwéierkraaft ass fort."

De Vol huet 20-22 Sekonne gedauert, huet sech awer 16 Mol widderholl. Fir de Kierper war et eng richteg Erausfuerderung: Statistiken no gëtt nämlech ronn 10% vun de Leit wärend dem Fluch iwwel. „No der 13. Kéier ass mir och schlecht ginn. Ech hunn eng Paus gemaach, mee bei den zwee leschte Flich wollt ech nees dobäi sinn, well et war eng Chance, déi ech net verpasse wollt."

Nieft dem spektakuläre Fluch huet d'Erfarung och sozial Spueren hannerlooss. Vill vun de Jonken hunn an där intensiver Zäit Fréndschafte geschloss. „Mir hunn eis gutt verstanen a sinn nach ëmmer a Kontakt", seet de Matei.

### E Bléck an d'Zukunft

Ob de Matei zanter dësem Erliefnis elo eng Karriär als Astronaut ustrieft? „Wann ech elo wiele misst, wat ech wéilt studéieren, da wier et eppes am astrophysesche Beräich. Dat war bis elo mäin éischte Choix. Awer ech muss mir dat nach gutt iwwerleeën. Bis elo sinn ech mir nach net sécher."

D'Geschicht vum Matei mécht däitlech, wéi wichteg et ass, jonke Leit Chancen ze bidden, hir Dreem ze verfollegen. „Astronaut fir een Dag" ass dobäi net nëmmen eng aussergewéinlech Erfarung, mee och eng wichteg Plattform, fir d'Jugend fir Fuerschung, innovativ Technologien a Wëssenschaft ze begeeschteren. Duerch Parabelflich, déi Mikrogravitatioun simuléieren, versicht d'Luxembourg Space Agency deene Jonken de Weltraumsecteur méi no ze bréngen – an dat mat Erfolleg!



© PANCAKE! Photographie

**Video**



© PANCAKE! Photographie

22.09



# PAUSE-POWER 2025

An der Woch vum 22. September war um Campus „an der Dällt" erëm „Pausepower" ugesot – eng Initiativ vun der Schoul, déi an Zesummenaarbecht mat der Gemeng, Dussmann (Bedreiwer vun der Kiche vun der Maison Relais), der Kommissioun vun der Famill, dem 3. Alter an dem sozialen Uleies, der Ligue médico-sociale an den Elterevertrieder organiséiert gouf. Dëst Joer gouf de Projet och vum Ministère ënnerstëtzt, am Kader vum GIMB-Label. De Schwéierpunkt louch dobäi um Thema „Zocker reduzéieren".

D'Kanner aus alle Cyclë konnten an der Paus zockerfräi Schneekegkeete schmaachen. Vu Schmiere mat Tomatade, Jugurt mat Müsli bis hin zu Courgettë-Kuch war fir all Goût eppes dobäi.

E grousse Merci geet un d'Organisateuren an un d'Elteren, déi mat vill Léift a Kreativitéit gesond Rezepter fir d'Kanner zesummestellen. Eng equilibréiert Ernierung fänkt schonn an der Schmierekëscht un, an dat gesäit een hei ganz kloer!






11.10



# SCHËTTER MAART

De Schëtter Maart huet den 11. Oktober 2025 nees eng sëllege Leit op d'Kiercheplaz gelackelt. D'Auswiel u selwergemaachten, lokalen a frësche Produite war grouss: Et goufen ënner anerem Backwueren, Uebst a Geméis, Nossdrëpp, Gromperekichelcher, international Platen a vill flott Dekoratiounsartikelen ugebueden.

Fir d'Kanner stoung wärenddeem eng Foto-Aktivitéit am Schëtter Treff um Programm, organiséiert vum Fotoclub.







14.10

# BIERGERATELIER:
## INTEGRATIOUN VEREINFACHEN

De 14. Oktober 2025 huet am Centre Culturel um Campus „an der Dällt" zu Minsbech den zweete Biergeratelier vum Joer stattfonnt. Nodeems bei engem éischte Workshop am Abrëll schonn eng Rëtsch flott Iddien zesummekomm waren, hu sech am Oktober nees eng sëllege Leit zesummefonnt, fir iwwert d'Theemen Zesummeliewen, Integratioun an Interkulturalitéit nozedenken a gemeinsam Proposen auszeschaffen.

D'Participanten hunn an zwee Gruppe geschafft a sech mat verschiddene Froestellungen auserneegesat: Wou liewen, schaffen a verbréngen d'Leit hir Fräizäit? Wéini a mat wiem fënnt Zesummeliewe statt? Wat brauche mir, fir d'Zesummeliewen an eiser Gemeng ze stäerken? D'Diskussiounen hu gewisen, datt vill Awunner zwar ausserhalb vun der Gemeng schaffen oder akafe ginn, mee hir Fräizäit gären an der Gemeng Schëtter verbréngen. Net zulescht dank de ville Fester a Manifestatiounen, déi all Weekend ustinn. Fir d'sozial Dynamik nach méi ze stäerken, gouf virgeschloen, och ënnert der Woch geziilt Aktivitéiten unzebidden, well sech d'Zesummeliewen haaptsächlech samschdes a sonndes ofspille géing. D'Gemeng bitt zwar schonn eng grouss Panoplie u sportlechen Aktivitéite bannent der Woch un, a geleeëntlech och kulturell Evenementer. Wat awer virun allem wichteg ass, si spontan Initiativen ausserhalb vun de Gemengen- a Veräinseventer, wéi gemeinsam Grillfester, Spadséiergäng oder Spillowender, déi d'Noperschaft animéieren. Fir genee sou Momenter bitt Hoplr déi ideal Plattform.

### Sprooch a Kommunikatioun als Schlëssel

E weidere Schwéierpunkt war d'Kommunikatioun, eng Schlësselkomponent fir eng gelongen Integratioun. D'Sprooch spillt dobäi eng zentral Roll: vill






Participanten hu betount, wéi wichteg et wier, eng Sprooch an engem gesellegen a lëschtegen Ëmfeld ze léieren. Am Austausch sinn eng Rëtsch kreativ Iddien entstanen, wéi een de Sproochecafé nei beliewe kéint – sief et duerch méi gemittlech Raimlechkeeten oder eng Kombinatioun vu Musek, Iessen a Gespréich.

D'Kommunikatiounsstrategie vun der Gemeng spillt och eng entscheedend Roll bei der Integratioun. Wéi gutt sech Awunner informéiert fillen, an ob si sech aktiv an d'Gemeinschaft integréiere kënnen, hänkt nämlech staark dovun of, wéi zougänglech a verständlech d'Informatiounen u si erugedroe ginn. Aus dësem Grond goufen am Virfeld vum Workshop déi verschidde Kommunikatiounskanäl vun der Gemeng Schëtter virgestallt, dorënner de Gemengebuet, den Eventblock, d'Websäit an d'sozial Medien. Fir erauszefannen, ob d'Awunner sech genuch informéiert fillen a wéi eng Plattforme si an hirem Alldag notzen, huet d'Gemeng am November 2025 e Sondage op Hoplr lancéiert. D'Resultater dovu sollen dozou bäidroen, d'Kommunikatioun nach besser op d'Besoine vun de Bierger ofzestëmmen an esou d'Integratioun an d'Zesummeliewen an der Gemeng ze optiméieren.

De Schäfferot huet sech iwwert déi aktiv Bedeelegung an dee konstruktiven Austausch gefreet. D'Gemeng wäert sech intensiv mat de Virschléi auserneesetzen a kucken, wat sech konkret ëmsetze léisst. Eng vun de Proposen ass esouguer schonn an der Maach: eng iwwerschaffte Mapp fir eis nei Awunner, déi hinnen en Iwwerbléck iwwer déi wichtegst Informatiounen, lokal Veräiner an aner relevant Servicer bitt, fir hinnen d'Aliewen an hirer neier Heemecht ze vereinfachen.

17.10

# FILMOWEND „OPERATIOUN PAULY"

Freideg, de 17. Oktober 2025, hat d'Gemeng op e Filmowend am Centre Culturel um Campus „an der Dällt" agelueden. Den Owend stoung am Zeeche vun der Geschicht a kollektiver Erënnerung. Gewise gouf d'Lëtzebuerger Produktioun „Operatioun Pauly", déi d'Flucht vu véier Häftlingen, dorënner zwee Lëtzebuerger, aus engem Niewelager vum KZ Buchenwald thematiséiert. De Produzent an de Regisseur hu spannend Ablécker an den Tournage ginn, an d'Unioun vun de Lëtzebuerger Resistenzler gouf mat hire Missioune kuerz virgestallt. Eng thematesch Ausstellung huet de Programm ofgeronnt: militäresch Uniformen an historesch Objeten aus dem Zweete Weltkrich waren ze gesinn, dorënner Fonntstécker aus der Géigend vum fréieren RAD-Lager zu Schraasseg.









# NATIONALE COMMEMORATIOUNSDAG

Den 18. Oktober 2025 gouf zu Schëtter am Kader vum Nationale Commemoratiounsdag der Resistenz vum Lëtzebuerger Vollek wärend der Besatzungszäit 1940–1945 geduecht. Millioune Mënschen hunn am Zweete Weltkrich hiert Liewe gelooss: Resistenzler, Zwangsrekrutéierter, ëmgesidelt Familljen an Affer vun der Juddeverfollgung. Fir hinnen eng Éier ze erweisen, gouf eng Gerbe beim „Monument des morts" op der Kiercheplaz néiergeluecht. Um Programm vum Gedenkdag stoung dëst Joer och eng feierlech Mass, souwéi d'Presentatioun vun der Broschür „Über Kollaborateure, Mitläufer, Patrioten und Resistenzler". De Schraasseger Auteur Marc Trossen setzt sech a sengem neiste Wierk mat der Lëtzebuerger Resistenz auserneen a weist unhand vu konkrete Beispiller, dass d'Geschicht net nëmmen aus schwaarz a wäiss besteet, mee vill Grozonen enthält. Eng thematesch Ausstellung am Sëtzungssall huet de Programm ofgeronnt: ze gesi waren Objeten aus dem Zweete Weltkrich, dorënner Fonntstécker aus der Géigend vum fréieren RAD-Lager zu Schraasseg.

**Dir kënnt d'Broschür „Über Kollaborateure, Mitläufer, Patrioten und Resistenzler" bei eis op d'Gemeng an den Accueil siche kommen oder digital an der virtueller Bréifkëscht op eiser Websäit erofflueden.**




MERCI
ALL EISEN
AFFER VUM NAZI-TERROR
DEI HIRT
LIEWEN AGESAT A GIN HUN
FIR EIS FRAIHEET
1940 – 1945
STELE DU SOUVENIR
7 MAI 1995


STEFFEN AVGVSTE 1920 – 1943
HEYNEN JEAN 1924 – 1943
SCHMIT HILAIRE 1923 – 1944
WARINGO ALOYSE 1901 – 1944
SINNER NICOLAS 1887 – 1944
DRIESCH JOSEPH 1922 – 1944
STEFFEN JOSEPH 1905 – 1944
SCHLENTZ CAMILLE 1920 – 1944
BERTRANG ROGER 1921 – 1944
HOFFMANN JEAN 1877 – 1944
MME. G. PARACHINI
NÉE MARIE GVILLAVME 1913 – 1944
MOLITOR JEAN PIERRE 1920 – 1944
SCHANEN JEAN 1913 – 1944
SCHMIT RENÉ 1921 – 1944
DIDELOT NESTOR 1924 – 1945
PETIT MARCEL 1925 – 1945
BRAVN MATHIAS 1925 – 1945
LAVER MARCEL 1923 – 1945
ALTMEISCH ALOYSE 1922 – 1943
ALTMANN EMILE 1921 – 1944/45
BOURG JOSEPH 1924 – 1945
COURTE MICHEL 1920 – 1945
REUTER EUGENE 1924 – 1944/45
SCHMIT ALBERT 1908 – 1945
SCHMIT ANTOINE 1926 – 1945
SCHMIT ERNEST 1921 – 1945
WOLFF PIERRE 1921 – 1945



19.10



# KULTURELL VISITT UM BELVAL

Den 19. Oktober 2025 hat d'Kulturkommissioun d'Awunner vun der Gemeng op eng flott kulturell Visitt op Esch-Belval agelueden. Um Programm stoung eng Visite Guidée vun der Cité des Sciences a vum Héichuewen. D'Participante kruten dobäi en interessanten Abléck an d'Industrie-Vergaangenheet vum Site. Esch-Belval, laang Zäit den Zentrum vun der Lëtzebuerger Eisen- a Stolindustrie, huet sech an de leschte Joren zu engem moderne Quartier entwéckelt, wou Fuerschung, Kultur a Wunnen op enger Plaz zesummekommen a wou Traditioun an Innovatioun sech perfekt ergänzen.

D'Kulturkommissioun seet villmools Merci un all déi, déi dobäi waren, a freet sech op déi nächst kulturell Aktivitéit.







22.10

# SCHËTTER MÉCHT BEI BAMPLANZ-AKTIOUN MAT

De 16. Oktober huet d'Gemeng Siegelsbach e Video am Kader vun der „Bamplanz-Aktioun" gedréint a Schëtter als Partnergemeng nominéiert, fir dëse flotten Challenge weiderzeféieren. De Schäfferot huet net laang gezéckt a kuerz drop zesumme mam Gemengerot e Quetschebam an der Rue Jeanne Rouff geplanzt. De Video vun der Aktioun ass séier viral gaangen a huet aner Gemengen an och Veräiner motivéiert, matzemaachen a sech géigesäiteg ze challengen. Schëtter huet Weiler zum Tuer opgefuerdert, duerno war et u Sandweiler. Och eis Associatiounen hunn an de leschte Wochen a Méint fläisseg Beem geplanzt, dorënner ënnert anerem de Club des Jeunes, d'Amicale vun de Pompjeeën Minsbech-Schëtter, d'Theaterfrënn, d'Jugendhaus, de Fotoclub, Fraen a Mammen Schëtter an d'Rousefrënn.



Wie mengt, e Bam ze planzen, wier langweileg, huet sech geiert! Der Kreativitéit si bei dëser Initiativ keng Grenze gesat, an esou si vill witzeg Iddien an originell Videoen entstanen. D'Iddi hannert dëser Aktioun ass net nëmmen, d'Leit zesummenzebréngen a Spaass ze hunn, mee virun allem e wichtege Bäitrag fir d'Ëmwelt ze leeschten. All Bam, deen nei geplanzt gëtt, hëlleft $CO_2$ ze bannen, d'Loftqualitéit ze verbesseren an e wichtege Liewensraum fir Déieren ze schafen. E klenge Geste mat enger grousser Wierkung, wann een alleguer d'Beem kuckt, déi duerch dëse Challenge geplanzt goufen.




STEVE




Klengdéiereveräin
Schëtter
Baamchallenge
20.11.25



28.10

# FORUM FIR SÉCHERHEET A PREVENTIOUN

Den 28. Oktober 2025 hat d'Kommissioun vun der Famill, dem drëtten Alter an dem sozialen Uleies op e Forum invitéiert, dee ganz am Zeeche vun der Sécherheet an der Preventioun stoung. D'Police an d'GoldenMe ASBL ware mat dobäi an hunn nëtzlech Tipps ginn, wéi ee sech doheem, am ëffentleche Raum an online besser schütze kann. Theme wéi Abréch oder Cyberkriminalitéit goufen dobäi ugeschwat a mat konkrete Beispiller illustréiert.

Besonnesch am Alter kënne sozial Isolatioun an Einsamkeet zouhuelen, wat et Onéierleche méi einfach mécht, eeler Persounen auszetricksen. Dowéinst gouf e besonnesche Fokus op eis eeler Matbierger geluecht, fir hinne konkret Hëllefsmëttel a Rotschléi mat op de Wee ze ginn.

De Forum war eng flott Geleeënheet fir sech auszetauschen, Froen ze stellen a sech iwwer preventiv Moossnamen ze informéieren, déi jidderee ganz einfach bei sech doheem kann ëmsetzen.

Mir soe jidderengem villmools Merci, deen um Forum deelgeholl a sech aktiv un der Gespréichsronn bedeelegt huet.






08.11

# SCHËTTER MAART



Den zweete Samschdeg am November hunn nees eng sëllegen Awunner vun der Geleeënheet profitéiert, um Maart regional Produiten ze kafen, sech mat de Verkeefer auszetauschen an déi gemittlech Atmosphär op der Kiercheplaz ze genéissen.

Fir déi jonk Visiteure gouf um 10 Auer eng Bastelstonn am Schëtter Treff ugebueden. Mat vill Fantasie hunn d'Kanner aus Nëss, Friichten a Fiedem flott Hierscht-Dekoratioune gebastelt, déi si houfreg mat heem geholl hunn.





16.11



# DAG VUM DRËTTEN ALTER

Den Dag vum Drëtten Alter ass de 16. November 2025 am Centre Culturel um Campus „an der Dällt" zu Éiere vun eise Seniore gefeiert ginn. Bei engem gemittlechen Apero an engem gudden 3-Gang-Menü gouf zesumme gelaacht a sech ausgetosch. Ronn 100 Leit sinn deen Dag zesummekomm an hunn e flotte Mëtteg matenee verbruecht. Geéiert goufen d'Bierger am Alter vun iwwer 80 Joer, déi eng Titche mat regionale Produite geschenkt kritt hunn. D'Feier gouf vun der Gemeng Schëtter organiséiert, an enker Zesummenaarbecht mat der Kommissioun vun der Famill, dem Drëtten Alter an dem Sozialen Uleies, souwéi der Amiperas.











05.12



# KLEESCHEN AN DER SCHOUL

De 5. Dezember 2025 war de Kleeschen op Besuch um Campus „an der Dällt" an huet de Kanner e Laachen an d'Gesiicht gezaubert. Et gouf zesumme gesongen a gedanzt, an zum Schluss gouf et fir déi Kleng nach eng Titche mat Bio- a Fairtrade-Schockela an anere Schneekegkeeten.













12.12 - 14.12



# SCHËTTER CHRËSCHTMAART

De Schëtter Chrëschtmaart huet och zejoert nees vill Leit ugelackelt an eng festlech Stëmmung an d'Gemeng bruecht. Lass goung et den 12. Dezember 2025 mat enger kuerzer Eröffnungszeremonie, un där ënnert anerem de Schäffen- a Gemengerot, den Haaptorganisateur vum Chrëschtmaart Philippe Hutmacher souwéi Memberen aus ënnerschiddleche Veräiner deelgeholl hunn. Éischt Visiteuren hunn net laang op sech waarde geloosss an tëscht den hëlzene Chalete mat Glüwäin op déi wuel schéinsten Zäit am Joer ugestouss. Fir super Stëmmung hunn e Freidegowend d'Schëtter Jongbléiser an d'Schëtter Strëpp gesuergt, e Samschdeg stounge Simply2 mat enger ofwiesslungsräicher Setlist op der Bün. Mat senge 16 Bude war de Chrëschtmaart net nëmmen e Fest fir d'Aen an d'Oueren, mee och fir de Gumm. D'Veräiner hu sech vill Méi ginn, fir eng breet a variéiert Auswiel u kulinaresche Spezialitéiten unzebidden. Ob séiss oder salzeg, Lëtzebuerger Kascht oder international Platen – et war fir all Goût eppes dobäi.






Wéi och schonn a Vergaangenheet gouf de Schëtter Chrëschtmaart och dës Kéier nees als „Green Event" organiséiert. Sou gouf wärend deenen dräi Deeg ënnert anerem komplett op Plastik- an Eewee-Geschier verzicht. Den Offall gouf getrennt an duerno richteg entsuergt. Donieft gouf vill Wäert op regional, bio, vegetaresch a Fairtrade-Produite geluecht. Fir Energie ze spueren, koumen LED-Luuchten an den Asaz, an d'Botzekippen hunn op ekologescht Material zeréckgegraff, fir d'Ëmwelt ze schounen.

Bléckt een zeréck op all déi zefridde Gesiichter, kann ee soen, dass de Chrëschtmaart 2025 e groussen Erfolleg war. Mir soen all de Leit, déi un der Organisatioun vum Chrëschtmaart bedeelegt waren, e ganz grousse Merci!

GREEN. EVENTS




NORBERT







13.12



# SCHËTTER MAART

Den 13. Dezember huet de leschte Schëtter Maart vum Joer 2025 stattfonnt. Fir d'Visiteure gouf eng grouss Panoplie u regionalen a selwergemaachte Produiten ugebueden: asiatesch an italieenesch Delikatessen, Liederproduiten, Zoossen, Zoppen, Uebst a Geméis, Fleesch, Gromperekichelcher a villes méi.

Fir d'Kanner stoung eng flott Aktivitéit am Schëtter Treff um Programm. De Schauspiller Claude Humbert huet hinnen e Wantermärche virgelies. Eng wonnerbar Geleeënheet fir ze lauschteren, ze dreemen a sech verzauberen ze loossen.







15.12

# MIR GRATULÉIERE FIR 90 A 95 JOER

De 15. Dezember 2025 huet am Sëtzungssall zu Schëtter eng festlech Feier zu Éiere vun eise Seniore stattfonnt, déi hiren 90. respektiv 95. Gebuertsdag gefeiert hunn. Et war eng wonnerbar Geleeënheet, fir sech no längerer Zäit erëmzegesinn, Neiegkeeten auszetauschen a bei gemittlecher Atmosphär e Stéck Gebuertsdagskuch ze genéissen. Mir soe jidderengem Merci, dee bei dësem schéinen Evenement dobäi war, a freeën eis schonn op déi nächst Gebuertsdeeg, déi 2026 ustinn.







17.12



# CHRËSCHTFEIER AM SCHËTTER TREFF

E Mëttwoch, de 17. Dezember, hat d'Kommissioun vun der Famill, dem drëtten Alter an dem sozialen Uleies op hir Chrëschtfeier am „Schëtter Treff" invitéiert. Et war eng flott Geleeënheet, d'Joer 2025 an enger gemittlecher Atmosphär auskléngen ze loossen, mateneen ze schwätzen, unzestoussen an zesumme Chrëschtdagsgebäck ze genéissen.











05.10

# SECOND HAND KANNERSAACHEN






Org. Déi Gréng Schëtter

11.10

# QUIZOWEND







Org. FC Minsbech

# 25.10 HALLOWEENPARTY










Org. Eltereverenegung Schëtter

04.11

# TRAULIICHT BRENNEN








Org. Stippi asbl an Haff A-Schmatten

09.11

# BUFFET





Org. Amicale Pompjeeën Minsbech-Schëtter

21.11

# BEAUJOLAIS-OWEND









Org. Fotoclub

22.11

# CÄCILIENDAG





Org. Schëtter Gesank

30.11

# ADVENTSMAART





Org. Fraen a Mammen Schëtter

07.12

# CHRËSCHTCONCERT









Org. Schëtter Gesank

14.12

# CONCERT SPIRITUEL





Org. Schëtter Musek

18.12

# CHRËSCHTFEIER AMIPERAS







Org. Amiperas Schëtter

20.12 - 21.12

# CHRISTMAS BOYS CUP







Org. FC Minsbech





Méi Fotoe fannt
Dir hei.

SmugMug

01.12 - 24.12

# AL-SCHËTTER ADVENTSKALENNER















Org. Awunner vun Al-Schëtter

## Kannerfuesbal
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
org. Association de parents d'élèves de l'école Schuttrange
28.02.2026 14:00

## Vernissage Expo "Derrière les chiffres"
Galerie · Campus "an der Dällt"
*org. Commune de Schuttrange*
09.03.2026 19:00

## Kannerfuesbal
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Allergy Network*
01.03.2026 14:00

## Schëtter Maart
Place de l'Église · Schuttrange
*org. Commune de Schuttrange*
14.03.2026 09:00

## Stippi goes Fuesbal
Café de la Gare
*org. Stippi ASBL*
06.03.2026 21:00

## Repair Café
Schëtter Treff
*org. Cell Luxembourg & Commune de Schuttrange*
14.03.2026 09:00

## Kuppel Cup
Hall des sports 2 · Campus "an der Dällt"
*org. Amicale Pompjeeën Minsbech-Schëtter*
07.03.2026 12:00

## Greater Region Benelux Cup
Hall des sports 1 · Campus "an der Dällt"
*org. Rythmica Lux Schuttrange*
14.03.-15.03.2026 09:00

## Grand Prix Jeunes N°5
Hall des sports 1 · Campus "an der Dällt"
*org. Badminton Club Schuttrange*
08.03.2026 09:00

## Grouss Botz
Place de l'Église · Schuttrange
*org. Commune de Schuttrange*
21.03.2026 09:30

## Dag vun de Choucrouten
Centre Culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Amiperas Schëtter*
08.03.2026 11:30

## Selwer Ge"Maart"
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. LSAP Schëtter*
22.03.2026 11:00

## Gemengerotssëtzung
Salle du Conseil Communal
*org. Commune de Schuttrange*
25.03.2026 17:00

## 2nd hand sale for babies & kids
Centre Culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Lèche League Luxembourg*
28.03.2026 10:00

## Schëtter Maart
Place de l'Église · Schuttrange
*org. Commune de Schuttrange*
11.04.2026 09:00

## Kabaret "Illusiounen"
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Commission des Affaires Culturelles*
17.04.2026 20:00

## Kanner Second-Hand Maart
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Déi Gréng Schëtter*
19.04.2026 10:00

## Flèche Wallonne
Huy
*org. Commission du sport et des loisirs*
22.04.2026 07:00

## Wine and Dine
Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Amicale Pompjeeën Minsbech-Schëtter asbl*
25.04.2026 19:00

## Gemengerotssëtzung
Salle du Conseil Communal
*org. Commune de Schuttrange*
29.04.2026 17:00

## Schëtter Maart
Place de l'Église · Schuttrange
*org. Commune de Schuttrange*
09.05.2026 09:00

## Pétanque Season Open
Boulodrome · Munsbach
*org. La Pétanque Schëtter*
09.05.2026 10:00

## Gala Concert
Hall des sports 2 · Campus "an der Dällt"
*org. Schëtter Musek*
09.05.2026 19:00

## Porte ouverte + Grillfest op der Zuuchtanlag
Station d'élevage · Uebersyren
*org. Cercle Avicole Schuttrange*
10.05.2026 10:00

## Marche Gourmande

Centre culturel · Campus "an der Dällt"
*org. Commission du sport et des loisirs*
**17.05.2026** **10:00**

## Gemengerotssëtzung

Salle du Conseil Communal
*org. Commune de Schuttrange*
**27.05.2026** **17:00**

## Bealtaine

Native-Village Neihaischen · LGS Chalet Nicolas Rollinger
*org. LGS - Lëtzebuerger Guiden a Scouten*
**23.05. - 24.05.2026** **11:00**

## Classic Day Schëtter

Château de Munsbach
*org. MTP Events*
**30.05-31.05.2026** **10:00**

**Weider Informatiounen an eisem Eventblock.**



# SËTZUNG VUM GEMENGEROT

## 29.10.2025

**PRESENT:**

Claude Marson,
***Buergermeeschter***

Serge Eicher, Conny Ney
***Schäffen***

Jean-Marie Altmann, Nora Forgiarini, Andrew Kiser, Annemarie Nagel, Serge Thein, Paul Theisen, Nicolas Welsch,
***Conseilleren***

Alain Dohn,
***Gemengesekretär***

**ENTSCHËLLEGT:**

Jules Sauber,
***Conseiller***

**PROCURATIOUN:**

Jules Sauber ▸ Serge Thein

**Fannt déi ganz Sëtzung vum Gemengerot op eisem Youtube-Kanal.**

@Gemeng_Schetter

YouTube

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jiddereen häerzlech wëllkomm zu der 10. Sitzung vum Gemengerot am Joer 2025.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt de Conseiller Jules SAUBER, deen eng Procuratioun un den Här Serge THEIN ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Ausserdeem informéiert de Buergermeeschter, dass d'ëffentlech Ofstëmmung vun der haiteger Sitzung mam Conseiller Nicolas WELSCH ufänke wäert.

Duerno deelt den Här Buergermeeschter mat, wéi eng Evenementer zënter der leschter Sitzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Samschdes, de 27. September, huet déi grouss Frëndschaftsfeier stattfonnt fir d'35 Joer Jumelage mat der Partnergemeng Siegelsbach ze feieren. Et gouf e schéine Programm ugebueden: d'Harmonie an d'Chorale vu Schëtter, souwéi d'Chorale „Eintracht 1906" vu Siegelsbach hunn d'Publikum mat hirem Optrëtt begeeschtert an ënnerhalen. D'Zeremonie ass mat engem Concert vun der Coverband „24th Frame" ofgeschloss ginn, déi fir eng entspaant Atmosphär gesuergt huet. Et war en immens wichtegen Dag fir déi zwou Gemengen, ënnert dem Zeeche vun der Frëndschaft, dem Austausch an däser laangjäreger Partnerschaft. Déi zwou Gemengen hu sech engagéiert, reegelméisseg gemeinsam Aktivitéiten z'organiséieren an hir Kontakter ze stäerken,

fir sech géigesäiteg iwwer Evenementer an Aktiounen z'informéieren;

- Sonndes, den 28. September, huet d'Par „lewescht Syr Saint-Esprit" Kanner an Erwuessener op hire grousse Rallye invitéiert. No der Mass an der Kierch zu Hueschtert gouf et e gemeinsaamt Mëttegiessen an duerno de Rallye duerch d'Duerf;

- Méindes, den 29. September, gouf, an der Presenz vum Inneminister Léon Gloden, den Här Jean-Pierre Kauffmann fir säi politeschen Engagement a säin Depart an d'Pensioun geéiert, dëst wärend enger Zeremonie am Centre Culturel zu Minsbech;

- Sonndes, de 5. Oktober, huet d'politesch Partei „Déi Gréng" am Centre Culturel e Second-Hand-Maart fir Kannersaachen organiséiert. Vill Stänn hu Kleeder, Spillsaachen, Bicher an nach vill aner interessant Saachen ugebueden;

- Eng Woch méi spéit, samschdes, den 11. Oktober, huet de Schëtter Maart moies op der Kierchplaz bei wonnerschéinem Hierschtwieder stattfonnt, an owes huet den FC Minsbech déi 3. Editioun vum Quiz-Owend am Centre Culturel organiséiert;

- De Weekend vum 11. Oktober ass ofgeschloss ginn duerch den „National Junior Tournament", deen de ganze Sonndeg an der Sportshal stattfonnt huet a vum Badminton Club Schëtter organiséiert gouf;

- Dënschdes, de 14. Oktober, huet ee Biergeratelier am Kader vum „Pacte du vivre-ensemble" stattfonnt. Mat 94 verschiddenen Nationalitéiten ass d'Gemeng méi multikulturell wéi jee. Den Owend huet Theme behandelt wéi gemeinsam Integratioun an d'Stäerkung vum Zesummeliewen. D'Diskussioune sinn ënner anerem ëm follgend Froe gaangen:
    - Wéi kann d'Integratioun duerch d'Lëtzebuergesch Sprooch geféerdert ginn?
    - Wéi eng Roll kann de Benevolat spillen?
    - Wéi kann een d'Bierger besser informéieren?
    - Wéi kënnen eis lokal Veräiner zur Integratioun bäidroen?

  Dësen Atelier huet e grousse Succès gehat mat 30 Participanten, an nach méi Leit ginn erwaart bei der nächster Editioun;

- Freides, de 17. Oktober, gouf de Film „Operatioun Pauly" am Centre Culturel gewisen. Dëse Film erzielt vun der dramatescher Flucht vu véier Gefaangenen, dorënner zwee Lëtzebuerger, aus engem Niewelager vum Konzentratiounslager Buchenwald. De Marc Thoma ass de Regisseur vum Film. Déi historesch Recherchë goufen duerch de Marc Trossen gemaach, an ee vun den Haaptacteuren ass den Damian Poltorak. Allen dräi waren op der Plaz, fir Froen aus dem

Publikum ze beäntweren. Ënnert den Intervenante waren och de Fabien Flies, President vun der „Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeois", an den Henri Fischbach vun de „Filmengelcher", deen zousätzlech Erklärungen zum Film ginn huet;

- Samschdes, den 18. Oktober, huet den nationale Gedenkdag stattfonnt, fir d'Resistenz vum Lëtzebuerger Vollek wärend der Besatzung vun 1940 bis 1945 ze éieren. Um 17 Auer huet de Marc Trossen säin neit Buch „Grauzonen" presentéiert, dat gratis an der Gemeng disponibel ass. Duerno gouf eng Mass an eng Gedenkzeremonie ofgehalen, mam Nidderleeë vun zwee Kränz bei der Gedenkplack an der Kierch an um Monument dobaussen. De Schäfferot an de Gemengerot wëlle sech häerzlech bei den Associatioune bedanke fir hir Hëllef, dëst Evenement esou feierlech ze maachen;

- Sonndes, den 19. Oktober, hat d'Kulturkommissioun eng Visitt vun der „Cité des Sciences" an dem Héichuewen zu Esch-Belval organiséiert;

- D'Gemeng Siegelsbach hat de 16. Oktober e Video fir den Challenge „Bamplanz Aktioun" gedréint. Schëtter gouf als Partnergemeng nominéiert, fir dëse Challenge weiderzeféieren. De Schäfferot huet net gezéckt, a mëttwochs, den 22. Oktober, zesumme mam Gemengerot e Promme-Bam an der neier Rue Jeanne Rouff zu Minsbech geplanzt;

- Donneschdes, den 23. Oktober, hat eng Konferenz vum Robert Leven am Centre Culturel zu Sandweiler stattfonnt zum Thema: „Klimawandel & Fake News – Gëff de Verschwörungstheorië keng Chance a léier dech géint Desinformatioun ze schützen." Organisateur vun dëser Konferenz war de Syndikat SIAS;

- Samschdes, de 25. Oktober, huet d'Eltere-vereeenegung vu Schëtter eng Halloween-Feier am Centre Culturel organiséiert. Vu 14 bis 18 Auer hunn d'Kanner vu villen Animatiounen an enger Kannerdisco profitéiert;

- Sonndes, de 26. Oktober, huet d'Luxembourg Allergy Network een Halloween-Bal fir Kanner mat Allergien organiséiert;

- Dënschdes, den 28. Oktober huet e Forum iwwer Schutz a Preventioun am Centre Culturel zu Minsbech stattfonnt. D'Lëtzebuerger Police an d'ASBL GoldenMe hu wichteg Rotschléi ginn, fir d'Famill besser ze schützen. D'Theme waren:

    - Wéi schützt ee sech géint Abréch?
    - Wat maachen am Fall vun engem Abroch doheem?
    - Wéi vermeit een Online-Bedruch?
    - Wéi eng Recourse ginn et am Fall vun engem Bedruch?

Méi Informatiounen a Rotschléi sinn op de Websäite vun der Police

(www.police.public.lu) a vu GoldenMe (www.goldenme.me) ze fannen.

Duerno informéiert den Här Buergermeeschter iwwer déi nächst geplangten Evenementer:

- Sonndes, den 2. November, gëtt ee „Grappling Event" vum Jugendhaus vu Schëtter an der Sportshal organiséiert. Den Ufank ass fir 10 Auer virgesinn;
- Dënschdes, de 4. November, organiséiert d'Ferme pédagogique „A Schmatten" vun Al-Schëtter dat traditionellt „Trauliicht brennen". Elteren a Kanner sinn ab 15 Auer invitéiert, fir u verschiddenen Aktivitéiten deelzehuelen, dorënner eng Geeschterparad. D'Recettë vun dësem Nomëtteg si fir e gudden Zweck;
- Samschdes moies, den 8. November, fënnt de Schëtter Maart erëm op der Kierchplaz statt;
- Sonndes, den 9. November, invitéiert d'Amicale vun de Pompjeeën Minsbech-Schëtter op hire Buffet am Centre Culturel zu Minsbech;
- Donneschdes, den 13. November, fënnt de „Bridge Charity", organiséiert vun der ASBL Tukwataniise, am Centre Culturel statt. Den Ufank ass um 13:30 Auer;
- Samschdes, de 15. November, spillt d'Schëtter Musek den traditionellen Hämmelsmarsch am Kader vun der Schraasseger Kiermes;
- Sonndes, de 16. November, invitéiert de Schäfferot, de Gemengerot an d'Kommissioun fir Famill, Drëtten Alter a Soziaalt Uleies op den Dag vum Drëtten Alter. D'Membere vun der Amiperas sinn och häerzlech invitéiert. D'Gemeng an d'Amiperas éieren op dësem Dag d'Matbierger, déi 80 Joer an driwwer hunn;
- Freides, den 21. November, organiséiert de Fotoclub vu Schëtter seng „Soirée Beaujolais" am Centre Culturel zu Minsbech. Den Owend fänkt mat der Projektioun vum Film „Op der Rees" un, gefollegt vun engem Buffet an enger Diashow vun den Aktivitéite vu Schëtter aus dem vergaangene Joer;
- Samschdes, den 22. November, ass Kiermes zu Schëtter. D'Schëtter Musek zitt erëm duerch d'Dierfer, fir den Hämmelsmarsch ze spillen: moies zu Minsbech, Neihaischen a Schëtter, an nomëttes zu Iwwersiren an Al-Schëtter.

Duerno informéiert den Här Buergermeeschter nach iwwer follgend Sujeten:

- De 16. Oktober gouf d'Gemeng vun der Associatioun „Aide aux Enfants Handicapés et Défavorisés de Luxembourg asbl" informéiert, datt fir d'Joer 2026 keng Sammlung vu gebrauchte Kleeder a Schong virgesinn ass. Als Erklärung hu si intern Problemer am Zesummenhang mat der Organisatioun an de Käschten uginn.

  Allerdéngs, wann et hinne geléngt, fir 2027 e verbesserten a méi käschtendeckende System anzeféieren,

wäerten si déi reegelméisseg Sammlungen erëm ophuelen;

- D'Administration des Ponts et Chaussées huet confirméiert, datt si d'Käschte fir de Stroossebelag um CR132 op Héicht vun der Autobunnsbréck, déi vun der Gemeng avancéiert goufen, rembourséieren;

- D'Realisatioun vum Foussgängerwee zu Iwwersiren „Am Pratel" erfuerdert kee Verleeë vu Reseauen, dëst wéinst de relativ flaache Gruewungen;

- Am Kader vum participative Budget huet de Comité décideur sech getraff, fir déi dräi agereechte Projeten z'analyséieren. Ee Projet huet sech als net eligibel erausgestallt, well en d'Bedéngunge vum Reglement net erfëllt. En zweete Projet gesäit d'Acquisitioun vu verschiddene Pingpongsdëscher fir Fräizäitaktivitéite vir, déi am Centre Culturel installéiert ginn. Dëse Projet ass ugeholl ginn an d'Modalitéite vun der Organisatioun ginn aktuell ausgeschafft. Am Kader vum drëtte Projet, nämlech d'Installatioun vun enger Kloterwand vum Typ „Kilterboard", huet d'Gemeng eng Entrevue mam Comité décideur an dem Initiateur vum Projet gehat. Dëse Projet erfuerdert nach eng méi déifgräifend Analys, besonnesch wat d'Installatioun vun der néideger Infrastruktur ugeet, ier en definitiv ugeholl ka ginn.

Duerno rapportéiert de Schäffe Serge EICHER nach iwwer:

- Déi lescht Comitéssëtzung vum Syndikat fir d'Verbrennung vun Offäll (SIDOR):

  Et gouf ënner anerem decidéiert, d'geplangten Erhéijung vum Verbrennungstarif op 105 Euro pro Tonn op d'Joer 2027 ze verréckelen, sou datt den Tarif vu 96 Euro pro Tonn fir d'Joer 2026 onverännert bleift. Wärend der selwechter Sëtzung goufen de rectifiéierte Budget 2025 an de Budget fir 2026 eestëmmeg guttgeheescht. D'Zuele weisen däitlech, datt de SIDOR op staarke finanzielle Reserven opgebaut ass;

- D'Iwwerwaachungskommissioun vun der Museksschoul UGDA: Subsiden an Héicht vu 470.000 Euro fir d'Schouljoer 2024–2025 goufen zu Gonschte vun der Gemeng Schëtter liquidéiert. Dës finanziell Participatioun entsprécht engem Taux vun 42,27% am Verglach zu de Gesamtkäschten, déi sech op 814.000 Euro belafen. D'Schouljoer 2025–2026 huet gutt ugefaangen, mat ënner anerem 164 Schüler, déi an individuelle Coursen ageschriwwe sinn, an 162 Schüler an de Kollektivcoursen.

Da gëtt de Conseiller Nicolas WELSCH nach dës Informatiounen:

- Déi lescht Neiegkeete vum Waasserdistributiounssyndikat SIDERE: De Syndikat huet rezent e Bréif vun der Waasserverwaltung souwéi vum Haut-Commissariat à la protection nationale kritt, an deem Propositioune gefrot ginn, fir d'Resilienz vum Waasserdistributiounsnetz ze stäerken. Dës Ufro steet am Kontext vun engem Zouwuess un

internationale Risike vun Attacken a Sabotage, déi op kritesch zivil Infrastrukturen zielen. Ënnert den éischte Conclusioune vun de Responsabelen am Syndikat ass d'Noutwendegkeet, e Spezialist anzestellen, dee sech exklusiv mat dësen Theme beschäftegt.

Duerno informéiert de Conseiller WELSCH iwwert de Recrutement vun engem Receveur op Vollzäit. Schlussendlech ginn d'Bauaarbechten um neien administrative Gebai um SIGRE-Site am Muertendall wéi geplangt virun a belafe sech op 6,6 Milliounen Euro laut dem Devis;

- Déi lescht Comitéssëtzung vum Syndikat fir Kläranlage SIDEST, méi genee iwwer d'Kontegestioun: Wat den normale Budget ugeet, huet de finanzielle Bäitrag vun der Gemeng Schëtter fir 2024 873.000 Euro ausgemaach. Am Budget rectifié fir 2025 sinn 823.000 Euro ageschriwwen, a fir d'Joer 2026 ass eng Zomm vun 839.000 Euro virgesinn.

  Wat d'Bäiträg vun der Gemeng Schëtter zum Budget extraordinaire ugeet, beleeft sech de Budget rectifié fir 2025 op 2 Milliounen Euro, wärend am Budget fir 2026 eng Zomm vun 3 Milliounen Euro ageschriwwen ass. Dës Montanten hänken haaptsächlech mam Ausbau vun der Kläranlag zu Iwwersiren zesummen;

- Déi lescht Comitéssëtzung vum Syndikat SIGI: Bei dëser Sëtzung gouf de Budget fir 2026 festgeluecht, dee sech fir d'Gemeng Schëtter op 139.000 Euro beleeft. Ausserdeem gouf den neien Informatik-Tool „Workflow" presentéiert. Dëst digitaalt Aarbechtsinstrument soll de Flux vun Informatiounen optimiséieren, souwuel intern tëscht de Mataarbechter wéi och tëscht der Gemeng an de Bierger. De Projet erméiglecht och eng besser Iwwerwaachung vum Fortschrëtt vun de grousse Projeten a bitt domat eng erhéichte Visibilitéit.

## 1. ËMWELT AN NOHALTEG ENTWÉCKLUNG

### 1.1. Presentatioun vum Aktivitéiteprogramm vun der biologescher Statioun SIAS

De Syndicat intercommunal à vocation multiple (SIAS) ass zoustänneg fir d'Aufgaben am Zesummenhang mat Naturschutz a Landschaftsschutz. Zu dësem Zweck engagéiert sech de Syndikat, deen d'Gemengen Nidderaanwen, Schëtter, Sandweiler, Conter a Weiler-la-Tour zesummefaasst, aktiv zënter 1989 an der Ëmsetzung vu Projeten am Beräich Naturschutz an Ëmweltschutz.

Wéi all Joer presentéiert e Mataarbechter vum Syndikat dem Gemengerot de Programm vun der biologescher Statioun vum SIAS fir dat kommend Joer.

Esou huet d'Madame Doris Bauer, zoustänneg fir Naturschutz a Landschaftsgestaltung, déi verschidden Ziler ugeschwat, wéi d'Entwécklung vun enger kohärenter Energie- a Klimapolitik op regiona-

lem Niveau an d'Stäerkung vun der virbildlecher Roll vun de Gemengen an der Klimapolitik.

De Gemengerot hält Kenntnis vun der Presentatioun vum Aktivitéiteprogramm vun der biologescher Statioun vum SIAS fir d'Joer 2026 a wäert och an Zukunft seng Linn a säin Engagement fir den Ëmweltschutz bäibehalen.

### 1.2. Presentatioun a Geneemegung vum Gestiouns- a Gestaltungsplang fir d'Gréngflächen an der Gemeng Schëtter

De Syndicat intercommunal à vocation multiple (SIAS) huet e Plang fir d'Gestioun an d'Gestaltung vun de Gréngflächen an der Gemeng Schëtter ausgeschafft (Grünflächenmanagement- und Gestaltungsplan für die Gemeinde Schüttringen).

Dëse Plang huet zum Zil, eng kohärent an nohalteg Gestioun vun de kommunale Gréngflächen ze garantéieren, d'Biodiversitéit ze fërderen an den natierleche Patrimoine ze valoriséieren, fir den Awunner eng besser Liewensqualitéit ze bidden. En enthält och Recommandatiounen iwwert differenzéiert Ënnerhalt, d'Gestaltung vun Entspanungszonen an d'Planze vu lokalen Aarten, déi un d'klimatesch Konditiounen ugepasst sinn.

De Gemengerot hält Kenntnis a geneemegt eestëmmeg de Gestiouns- a Gestaltungsplang fir d'Gréngflächen an der Gemeng Schëtter.

**D'Detailer vum Projet kënnen hei consultéiert ginn.**

## 2. URBANISMUS A KOMMUNAL PLANUNG

### 2.1. Punktuell Ännerung vum Plan d'aménagement général vun der Gemeng Schëtter fir Terrainen zu Iwwersiren – Projet „ZAE Routert" – Ufro an Entscheedung, keng Ëmweltbewäertung ze maachen

Rezent huet d'Gemeng Schëtter verschidden Terrainen am Lieu-dit „Auf dem Rohtert" zu Iwwersiren kaaft. D'Acquisitioun vun dësen Terrainen ass gemaach ginn, fir eng Zone d'activités économiques (ZAE) an ëffentlech Infrastrukturen ze schafen, méi genee fir d'Gestaltung vum neien techneschen Atelier vun der Gemeng.

Fir dëse Projet kënnen ëmzesetzen, ass et néideg, eng punktuell Ännerung vum Plan d'aménagement général vun der Gemeng Schëtter virzehuelen.

Dës Ännerung betrëfft follgend Punkten:

- Ophiewe vun der Zone d'aménagement différé (ZAD): De betraffenen Terrain gehéiert elo zu engem Projet vun engem Nouveau Quartier (NQ);
- Ännerung vum Zonen-Type: Een Deel vum Terrain, dee virdru fir wirtschaftlech Aktivitéite geduecht war, gëtt fir Gebaier oder ëffentlech Infrastrukture reservéiert (wéi kommunal Installatiounen);
- Landschaftlech Opwäertung: Eng gréng Bande vu 5 bis 8 Meter gëtt laanscht d'Süd-Säit ugeluecht,

fir de Site besser an d'Ëmfeld z'integréieren;

- Aktualiséierung vum Plan directeur: D'Planungsdokumenter vum Secteur „Iwwersiren – ZI-Routert" ginn aktualiséiert, fir dës Ännerungen ze berücksichtegen.

No den Erklärunge vum Här Henning Nieboer vum Ingenieursbüro LSC360 zu Conter decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, e positiven Avis iwwert déi punktuell Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Schëtter ze ginn.

Op Basis vum Avis vum Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit decidéiert de Gemengerot och, keng Ëmweltbewäertung ze maachen.

## 3. GRONDSCHOULUNTERRECHT

### 3.1. Approbatioun vun enger Konventioun fir eng temporär Interventioun vu Musekseenseignanten am Kader vu Kooperatiounsprojeten tëscht dem Grondschoulunterrecht an dem Enseignement musical

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg eng Konventioun fir temporär Interventioun vu Musekseenseignanten am Kader vu Kooperatiounsprojete mam Grondschoulunterrecht.

Dës Konventioun definéiert d'Modalitéite vun der Zesummenaarbecht tëscht dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an der Museksschoul „Regional Museksschoul Syrdall", der Fondatioun „Ecole de Musique UGDA" an der Schoul „Schoul – an der Dällt" vun der Gemeng Schëtter, fir d'Schouljoer 2025–2026.

### 3.2. Approbatioun vun enger Konventioun iwwer d'Finanzéierung a Bezuelungsmodalitéiten am Kader vum Projet fir d'Erweiderung vun der Maison Relais Cycle 1 – Schoulcampus „an der Dällt"

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg eng Konventioun, déi d'Bedéngungen am Kader vun der finanzieller Participatioun vum Staat un den Investitiounsausgaben definéiert, an zwar d'Finanzéierung vum Projet fir d'Erweiderung vum Service d'éducation et d'accueil (SEA) fir Schoulkanner an der Préscolaire (Cycle 1) am Kader vum Projet fir d'Erweiderung vum Schoulcampus „an der Dällt" zu Minsbech.

D'maximal finanziell Participatioun vum Staat fir d'Bauaarbechten (inklusiv éischter Ausrüstung) vum SEA fir Schoulkanner beleeft sech op e Gesamtbetrag vu maximal 1.750.000,00€ inkl. TVA.

## 4. KOMMUNAL REGLEMENTER

### 4.1. Approbatioun vun engem Reglement iwwert d'Ofwaasserbehandlung

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg dat neit Reglement iwwert d'Ofwaasserbehandlung.

Fir eng zolidd an harmoniséiert gesetzlech Basis ze garantéieren, baséiert d'Reglement op dem Règlement-Type, dee vum Aarbechtsgrupp ausgeschafft gouf, deen de Syndikat vun de Stied a Gemengen (SYVICOL), d'Association luxembourgeoise des services d'eau a.s.b.l. an d'Waasserverwaltung ausgeschafft huet.

D'Reglement definéiert d'Bedéngungen an d'Modalitéite fir d'Evakuatioun, d'Behandlung an den Uschloss vum Ofwaasser a Reewaasser um ganze kommunalen Territoire. Et präziséiert ënner anerem:

- D'Verpflichtung fir all Gebaier an Installatiounen, déi Ofwaasser produzéieren, un d'ëffentlecht Netz unzeschléissen oder, falls dat onméiglech ass, e konformt privat Ofwaassersystem z'installéieren;
- D'Responsabilitéite vun der Gemeng an de Proprietären, notamment fir den Ënnerhalt, d'Reparatur an d'Conformitéit vun den Installatiounen;
- D'Prozedure fir d'Autorisatioun, d'Kontroll an d'Receptioun vun den Aarbechte fir d'Ofwaasserbehandlung;
- D'Reegele fir d'Evakuatioun vun Ofwaasser, inklusiv Verbueter, fir verschmotzend Substanzen oder Ofwaasser an onpassend Kanalisatiounen ze schëdden;
- D'Sanktiounen a Sécherheetsmoossnamen am Fall vun Net-Conformitéit, inklusiv Geldstrofen an Interventiounen op Käschte vun der Gemeng.

D'Reglement ersetzt dat aalt kommunaalt Reglement vun 1981 iwwert d'Ofwaasserbehandlung an trëtt den éischten Dag vum Mount no senger Publikatioun a Kraaft.

**D'Detailer vum Reglement kënnen hei consultéiert ginn.**

## 4.2. Approbatioun vun enger Ännerung vum kommunale Verkéiersreglement

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'Verkéiersreglement wéi follegt z'änneren:

De Sauerbësch Wee (Verbindung tëscht Minsbech a Sennengerbierg) ausserhalb vun der Agglomeratioun gëtt duerch follgend Dispositioun completéiert :

**Artikel:**
1/6/1

**Bezeechnung:**
Limitation de vitesse

**Situatioun:**
op der ganzer Längt, an zwou Richtungen (50 km/h)

**Signal:**




D'Rue du Parc zu Minsbech gëtt duerch follgend Dispositioun completéiert:

**Artikel:**
1/6/1

**Bezeechnung:**
Limitation de vitesse

**Situatioun:**
op der ganzer Längt, an zwou Richtungen (30 km/h)

**Signal:**




De Schlasswee zu Minsbech gëtt duerch follgend Dispositioun completéiert:

**Artikel:**
5/2/1

**Bezeechnung:**
Zone résidentielle

**Situatioun:**
op der ganzer Längt

**Signal:**




Déi follgend Dispositioun, déi de Schlasswee zu Minsbech betrëfft, gëtt suppriméiert:

**Artikel:**
5/1/1

**Bezeechnung:**
Zone à 30 km/h

**Situatioun:**
op der ganzer Längt

**Signal:**




### 4.3. Confirmatioun vun enger dréngender Ännerung vum kommunale Verkéiersreglement

De Gemengerot confirméiert eestëmmeg eng temporär Ännerung vum kommunale Verkéiersreglement fir d'Rue du Château zu Minsbech, decidéiert de 15. Oktober 2025 vum Schäfferot.

Grond: Spärung vun enger Säit vum Trottoir, fir d'Sécherheet vun de Foussgänger wärend den Aarbechten, déi vun der Firma Cardoso & Fils bei der Wunneng Nr. 28 an der Rue du Château zu Minsbech ausgefouert ginn, ze garantéieren.

## 5. KOMMUNAL INFRASTRUKTUREN

### 5.1. Approbatioun vun engem Devis fir d'Demolitiounsaarbechten op 252, Rue Principale zu Minsbech

Am Juni 2025 huet de Konsortium vun den lewen Altmeisch der Gemeng eng landwirtschaftlech Exploitatioun mat Wunnhaus, Scheier an Annex op 252, Rue Principale zu Minsbech verkaaft.

Dës Acquisitioun ass am Interessi vun der ëffentlecher Utilitéit gemaach ginn, nämlech fir d'Schafung vu bezuelbare Wunnenge respektiv enger Betreiungsstruktur fir eeler Leit (SHPA).

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg en Devis fir d'Demolitioun vum besteeënde Gebai. Dësen Devis gouf vum technesche Service vun der Gemeng opgestallt a beleeft sech op ronn 100.000,00€ inkl. TVA.

### 5.2. Approbatioun vun engem neie Budgetsartikel fir d'Demolitiounsaarbechten op 252, Rue Principale zu Minsbech

Fir d'Demolitiounsaarbechten ënnert dem Punkt 5.1. kënnen ëmzesetzen, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'Inscriptioun vun engem neien Artikel 4/650/221311/25013 „Travaux de démolition à 252, rue Principale à Munsbach" am Budget extraordinaire 2025 mat engem Kredit vun 100.000,00€ ze approuvéieren.

### 5.3. Approbatioun vun enger Convention d'occupation temporaire fir e kommunale Privatterrain am Kader vum Bau vun enger Residence zu Minsbech, 166, Rue Principale

De Gemengerot akzeptéiert eestëmmeg d'Convention d'occupation temporaire, ënnerschriwwen de 15. Oktober 2025 tëscht

dem Schäfferot an der Firma Cardoso & Fils, fir d'Installatioun vun engem Kran op engem Deel vun der kommunaler Parzell zu Minsbech, 162, Rue Principale, nieft dem Chantier op 166, Rue Principale.

De Loyer fir d'Besetzung vun der genannter Parzell beleeft sech op 200,00€/Mount.

### 5.4. Approbatioun vun engem Devis fir d'Ëmsetzung vu Verkéiersberouegungsmoossnamen

Fir d'Verkéierssécherheet ze stäerken an d'Liewensqualitéit vun den Awunner ze verbesseren, sinn dräi Moossnamen zur Verkéiersberouegung virgesinn:

- Rue du Village: Obwuel dës Strooss schonn eng 30er-Zone ass, gëtt d'Vitess net ëmmer respektéiert. Zwee Ralentisseure ginn dofir installéiert, fir d'Automobilisten ze motivéieren, hire Fuerstil unzepassen;

- Am Waasserfeld: An der Entrée vun Iwwersiren gëtt d'besteeënd Berliner Këssen duerch en neie Ralentisseur vum Typ „sinus" ersat;

- Rue du Parc: D'Vitess gëtt vu 50 km/h op 30 km/h reduzéiert. Ausserdeem gëtt d'Entrée vun der Lokalitéit nei amenagéiert an de Foussgängerpassage un d'PMR-Normen (Personnes à mobilité réduite) ugepasst, fir eng besser Accessibilitéit fir jiddereen ze garantéieren.

Dës Amenagementer sollen den ëffentleche Raum méi sécher, méi agreabel a méi inklusiv fir all Benotzer maachen.

Den Devis fir dës Amenagementer, opgestallt vum technesche Service vun der Gemeng den 10. Oktober 2025, beleeft sech op 97.168,50€ inkl. TVA (arrondéiert op 97.000€ inkl. TVA).

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg de Projet an den Devis an dréit domat zur Verbesserung vun der Sécherheet, der Liewensqualitéit vun de Bierger an dem Zesummeliewen tëscht Gefierer, Cyclisten a Foussgänger bäi.

## 6. KOMMUNAL FINANZEN

### 6.1. Approbatioun vun engem Devis fir d'Acquisitioun vun enger neier elektrescher Camionnette fir de Service technique

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, en Devis fir den Ersatz vun enger Camionnette duerch eng nei oppen elektresch Camionnette mat Kippvirriichtung am Betrag vu ronn 75.000,00€ inkl. TVA ze approuvéieren.

Dës Acquisitioun ass och Deel vum „Elektromobilitätskonzept für die Gemeinde Schuttrange – Strategie 2030", dat 2023 vum Gemengerot ugeholl gouf, mam Zil, den ökologeschen Iwwergang zu enger nohalteger Mobilitéit fir d'Gemeng Schëtter ze definéieren.

## 7. NOTARIATSAKTEN, COMPROMIS AN DROIT DE PRÉEMPTION

### 7.1. Approbatioun vun engem Acte de cession à titre gratuit fir Terrainen zu Schëtter, Sektioun A vu Schëtter, Lieu-dit

**„Ënnert der Haart"**

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, den Acte de cession à titre gratuit [Ref.: 790/2025], ënnerschriwwen de 14. Oktober 2025 virum Notaire Patrick Serres, ze akzeptéieren fir déi follgend Parzell, mam Zil, dës Parzell an den Domaine public z'integréieren:

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | A vu Schëtter |
| **Kadaster-nummer** | 46/4703 |
| **Lieu-dit** | Ënnert der Haart |
| **Natur** | Place de stationnement |
| **Fläch** | 0,16 Ar |

### 7.2. Approbatioun vun engem Acte de donation fir en Terrain op dem Territoire vun der Gemeng Bäerdref, Sektioun A vu Bollendorf-Pont, Lieu-dit „Im Gehr"

No enger Successiounserklärung huet den Här Prosper Scheuer, wunnhaft zu Schraasseg a verstuerwen de 27. Oktober 2022 zu Lëtzebuerg, ënner anerem en Terrain zu Bollendorf-Pont der Gemeng Schëtter verierft. Dësen Terrain läit um Territoire vum Domaine d'action vum Comité de pilotage Natura 2000 „Vallée de l'Ernz noire / Beaufort / Berdorf" an ass Deel vun enger Natura-2000-Habitat-Zon.

Mat dësem Acte de donation cedéiert d'Gemeng Schëtter eestëmmeg dësen Terrain un d'Fondatioun „Natur & Ëmwelt Hëllef fir d'Natur":

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | A vun Bollendorf-Pont |
| **Kadaster-nummer** | 295/1715 |
| **Lieu-dit** | Im Gehr |
| **Natur** | Terre labourable |
| **Fläch** | 3,70 Ar |

## 8. SCHRËFTLECH FROE VUN DE GEMENGECONSEILLEREN

Am Kader vum Bréif vum 28. Oktober 2025 freet déi lokal politesch Partei „Schëtter Bierger", firwat d'Festivitéiten, déi d'35 Joer Partnerschaft tëscht de Gemenge Schëtter a Siegelsbach (D) gefeiert hunn, net ënner dem Label "Green Events" organiséiert goufen. Hei gëtt Follgendes zur Kenntnis geholl:

- D'Gemengeservicer encouragéieren natierlech d'Veräiner aus der Gemeng, hir Evenementer ënner dem Label „Green Events" ze organiséieren. Et gëtt präziséiert, datt et duergeet, zwee Drëttel vun de Manifestatiounen als „Green Event" z'organiséieren, fir d'Zertifizéierung ze kréien;
- D'Jumelage-Fest war an dësem Sënn eng Ausnam wéinst der relativ kuerzer Frist fir d'Planung an d'Organisatioun. Zousätzlech huet d'Gemeng d'Fest an Zesummenaarbecht mat de lokale Veräiner organiséiert, sou datt eng Kontroll vum Respekt vun de „Green Events „-Krittäre beim Akaf vun Iessen a Gedrénks bal onméiglech war;

  Och wann d'Jumelage-Fest net offiziell als „Green Event" gelabelt war, hunn d'Gemengeservicer drop gehalen, wiederverwendbar Utensilien ze benotzen an eng riguréis Offalltrennung ze garantéieren.

Am Kader vum Bréif vum 28. Oktober 2025 freet

déi lokal politesch Partei „Schëtter Bierger", Informatiounen iwwer den Avancement vum Projet „Super Senior". Dëst ass eng Initiativ, déi op enger Konventioun mat „MEC asbl" (Mouvement pour l'Égalité des Chances) an déi d'Schoulbegleedung vu Kanner aus dem Grondschoulunterrecht duerch Senioren zum Zil huet. Hei gëtt zur Kenntnis geholl, datt:

- 9 „Super Senior" hale Stonne fir Schoulrattrapage an de 4 Gemengen, déi d'Konventioun ënnerschriwwen hunn;

- Am Oktober goufen 10 Stonne Rattrapage geleescht an 80 zousätzlech Stonne si programméiert, mat der Bemierkung, datt d'Konventioun eréischt am Juli 2025 ugefaangen huet an datt wärend de Schoulvakanze keng Coursë stattfannen;

- Am Ganze goufen 240 Stonnen an enger éischter Phas vun der Koordinatorin vun „MEC asbl" geleescht. Dës Stonne ginn op déi 4 Gemengen opgedeelt. D'Koordinatrice schafft aktuell 30 Stonnen d'Woch. D'Gemeng selwer féiert awer keng Statistiken iwwer d'Stonnen, déi vun hirer eegener Delegéierter geleescht ginn;

- Eng Zomm vun 3.662,12 Euro aus dem dofir reservéierte Budget goufe bis elo ausginn, e Budget, deen d'Period vu Juli 2025 bis Juni 2026 ofdeckt;

- D'Konventioun mat „MEC asbl" gëtt automatesch verlängert, bis eng vun de Parteie se mat engem Preavis vun 3 Méint kënnegt.

## 9. FROE VUM PUBLIC

Keng.

# SËTZUNG VUM GEMENGEROT

## 26.11.2025

**PRESENT:**

Claude Marson,
***Buergermeeschter***

Serge Eicher, Conny Ney
***Schäffen***

Jean-Marie Altmann, Nora Forgiarini, Andrew Kiser, Annemarie Nagel, Serge Thein, Paul Theisen, Nicolas Welsch,
***Conseilleren***

Alain Dohn,
***Gemengesekretär***

**ENTSCHËLLEGT:**

Jules Sauber,
***Conseiller***

**PROCURATIOUN:**

Jules Sauber ▸ Serge Thein

**Fannt déi ganz Sëtzung vum Gemengerot op eisem Youtube-Kanal.**

@Gemeng_Schetter

YouTube

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jiddereen häerzlech wëllkomm zu der 11. Sitzung vum Gemengerot am Joer 2025.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt de Conseiller Jules SAUBER, deen eng Procuratioun un den Här Serge THEIN ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Ausserdeem informéiert de Buergermeeschter, dass d'ëffentlech Ofstëmmung vun der haiteger Sitzung mam Conseiller Jean-Marie ALTMANN ufänke wäert.

Duerno deelt den Här Buergermeeschter mat, wéi eng Evenementer zënter der leschter Sitzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Sonndes, den 2. November, hat d'Schëtter Jugendhaus en „Grappling Event" an der Sportshal organiséiert;
- Dënschdes, de 4. November, hat D'Ferme pédagogique „A Schmatten" hiert traditionellt „Trauliicht brennen" organiséiert. D'Elteren hu mat hire Kanner am Nomëtteg kënne kommen, fir u verschiddene lëschtegen Aktivitéiten deelzehuelen, wéi zum Beispill eng Geeschterparad. D'Recettë vun dësem Dag gi fir de gudden Zweck gespent;
- Samschdes, den 8. November, huet de Schëtter Maart moies op der Kierchplaz stattfonnt;
- Sonndes, den 9. November, huet d'Amicale vun de Pompjeeë vu Minbesch-Schëtter d'Awunner op hire Buffet an de Centre Culturel invitéiert;

- Donneschdes, den 13. November, huet de Centre Culturel de „Bridge Charity" empfaangen, organiséiert vun der Associatioun Tukwataniise ASBL;

- Samschdes, de 15. November, ass d'Harmonie vu Schëtter am Nométteg duerch d'Stroosse vu Schraasseg gaangen, fir hiren traditionellen Hämmelsmarsch ze spillen;

- Sonndes, de 16. November, hunn d'Gemeng an d'Kommissioun fir Famill, Drëtten Alter a sozialem Uleies d'Awunner op den Dag vum Drëtten Alter invitéiert. D'Membere vun der Amiperas waren och agelueden. Bei dëser Geleeënheet hunn d'Gemeng an d'Amiperas d'Matbierger geéiert, déi 80 Joer an driwwer hunn;

- Freides, den 21. November, huet de Fotoclub vu Schëtter säin „Beaujolais-Owend" am Centre Culturel organiséiert. Den Owend huet ugefaange mat der Projektioun vum Film „Op der Rees", duerno gouf et e Buffet mat Kéis an Ham, souwéi eng Diashow mat den Evenementer vu Schëtter vun dësem an dem leschte Joer;

- Zum Schluss, samschdes, den 22. November, huet déi traditionell Schëtter Kiermes stattfonnt. D'Harmonie vu Schëtter huet deen Dag animéiert, andeems si den Hämmelsmarsch zu Minsbech, Neihaischen, Schëtter an Iwwersiren gespillt huet.

Uschléissend informéiert den Här Buergermeeschter iwwer déi nächst geplangten Evenementer:

- Samschdes, den 29. November, wäert d'Harmonie vu Schëtter um Wanter-Galaconcert deelhuelen, organiséiert vun der Musek vu Sandweiler. De Concert fänkt um 20 Auer am Centre Culturel vu Sandweiler un;

- Sonndes, den 30. November, ab 14 Auer, organiséiert d'Associatioun „Fraen a Mammen Schëtter" hire Chrëschtmaart am Centre Culturel. Am Kader dovu ginn d'„Schëtter Jongbléiser" och e Concert. D'Recettë vum Maart gi fir de gudden Zweck gespent;

- Freides, de 5. Dezember, kënnt de Kleeschen d'Kanner op de Campus „an der Dällt" besichen. Déi grouss Feier fänkt um 15 Auer an der Sportshal un. Duerno invitéieren d'Schüler, hiert Léierpersonal an d'Maison Relais op hiren Niklosmaart an der Cafeteria am Centre Culturel, fir den Dag an enger gemittlecher Atmosphär ofzeschléissen;

- Samschdes, de 6. Dezember, organiséiert d'Associatioun Rythmica Lux den „Fairytale Cup" an der Sportshal. Den Dag drop, sonndes, de 7. Dezember, ass hire Chrëschtgala;

- Sonndes, de 7. Dezember, invitéiert d'Chorale „Schëtter Gesank" op hire Chrëschtconcert an der Schëtter Kierch um 16:30 Auer. Ënner der Direktioun vum Marianne Hengel wäert d'Chorale den Owend aleeden, duerno trëtt d'Chorale

Ste. Cécile vu Sandweiler op. Den Entrée ass gratis, mee et gëtt eng Kollekt fir d'Scouten organiséiert;

- Mëttwochs, den 10. Dezember, ass déi nächst a lescht Sitzung vum Gemengerot fir d'Joer 2025;

- Vum 12. bis de 14. Dezember ass de Schëtter Chrëschtmaart wéi all Joer op der Kierchplaz. Déi lokal Veräiner verwinne mat traditionelle Lëtzebuerger Platen an internationale Spezialitéiten. D'Ouverture ass freides um 17 Auer, duerno stinn zwee Concerten um Programm: ee vun de „Schëtter Jongbléiser" an deen anere vun der „Schëtter Strëpp". Samschdes, den 13. Dezember 2025, mécht de Chrëschtmaart erëm ab 17 Auer op, mat Musekanimatioun ab 19 Auer vum Duo „Simply2". Sonndes, de 14. Dezember, mécht de Chrëschtmaart um 15 Auer op. D'Harmonie vu Schëtter gëtt hiren „Concert spirituel" an der Kierch, ënner der Direktioun vum Leroy Vandivinit. Um Programm stinn „Nostradamus" vum Otto Schwarz a Melodien aus dem bekannte Film „Avatar";

- Samschdes, den 13. Dezember, ass och de Schëtter Maart vun 9 bis 13 Auer op der Kierchplaz. Ab 10 Auer kënnen d'Kanner un enger Aktivitéit am „Schëtter Treff" deelhuelen: den Acteur Claude Humbert liest e Wantermärche vir;

- Dënschdes, de 16. Dezember, organiséiert d'Associatioun „Fraen a Mammen Schëtter" en Ausfluch op de Chrëschtmaart vu Speyer an Däitschland;

- Zum Schluss, mëttwochs, de 17. Dezember, invitéiert d'Kommissioun fir Famill, Drëtten Alter a sozialem Uleies op hir Chrëschtfeier vu 15 bis 18 Auer am „Schëtter Treff".

Duerno informéiert den Här Buergermeeschter nach iwwer follgend Themen:

- De Glasfaser-Reseau ass elo um Neihaischen vum Operateur POST aktivéiert ginn. D'Awunner vum Neihaischen kënne sech elo bei hirem Provider informéieren, fir e passenden Tarif mat Fiber ze abonéieren;

- Am Kader vun der „Orange Week" leeft d'Aktioun „Orangez votre monde" vum 25. November 2025 (Internationalen Dag géint all Zort vu Gewalt géintiwwer Fraen a Meedercher) bis den 10. Dezember 2025. An dësem Kader gëtt eng Foto mam Gemengerot gemaach, fir den Engagement vun der Gemeng ze weisen.

Ausserdeem weist en Artikel am Tageblatt (22./23. November) op d'Participatioun vun der Primärschoul Schëtter um MEGA-LAB-Projet hin, initiéiert vum Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit. Ënnert dem Titel „Die Schüler haben das Wort" hate 16 Schüler zesumme mat hirem Enseignant d'Méiglechkeet, sech auszedrécken an aktiv matzeschaffen.

Da gëtt de Conseiller Andrew KISER nach Informatiounen iwwer:

- Déi lescht Comitéssëtzung vum SICEC, dem Syndikat fir de Bau, den Ënnerhalt an den Exploitatioun vum Krematorium, an deem 71 Gemenge Member sinn. Fir 2026 geet d'Cotisatioun fir d'Gemenge vun 12 op 20 Cent pro Awunner erop, wat eng Zousazrecette vun ongeféier 46.000 Euro bréngt. Et ass ze bemierken, datt d'Cotisatioun an de leschten 30 Joer net ugepasst gouf.

  De Conseiller KISER informéiert duerno iwwer d'Tariffer fir d'Anäscherung an d'Verstreeë vun den Äsche fir d'Joer 2026. Den Tarif fir d'Anäscherung bleift bei 500 Euro pro Verstuerwenen aus enger Gemeng, déi Member am Syndikat ass, a 750 Euro pro Verstuerwenen aus enger Gemeng, déi kee Member ass. D'Tariffer fir d'Verstreeën an d'Zeremonië ginn awer ab dem 1. Juli 2026 ugepasst, Datum vum Ofschloss vun den Ausbauaarbechten um Krematorium. D'Verstreeë geet da vu 50 op 75 Euro fir Verstuerwener aus enger Membergemeng erop a vun 100 op 125 Euro fir Verstuerwener aus enger Net-Membergemeng. D'Zeremonië gi vu 75 op 100 Euro fir Verstuerwener aus enger Membergemeng erop a vun 125 op 175 Euro fir Verstuerwener aus enger Net-Membergemeng.

  Den Här KISER liwwert duerno Donnéeën iwwer de Budget rectifié 2025 an de Budget fir 2026. De Budget rectifié ordinaire 2025 gëtt mat engem Iwwerschoss vu 77.000 Euro ofgeschloss, wat och d'Adaptatioun vun de Cotisatioune fir 2026 erklääert. Den extraordinäre Budget gëtt awer mat engem Defizit vun 2,5 Milliounen Euro ofgeschloss, dëst wéinst dem Ausbau vum Krematorium. Wann een d'Resultater vun 2024 dobäizielt, gëtt den ordinäre Budget 2025 mat engem Boni vun ongeféier 3 Milliounen Euro ofgeschloss an den extraordinäre Budget mat engem Boni vun 1,7 Milliounen Euro. Fir 2026 ass eng Investitioun vu 4 Milliounen Euro virgesinn, fir déi lescht Phas vun den Ausbauaarbechten ofzeschléissen, sou datt de Budget 2026 mat engem Boni vun ongeféier 1 Millioun Euro clôturéiert gëtt.

  Duerno presentéiert de Conseiller KISER nach Statistiken iwwer d'Anäscherungen. Bis den 31. Oktober 2025 goufen 2.684 Anäscherungen duerchgefouert, mat nëmmen 279 Zeremonien, wat eng staark Reduktioun duerstellt, dëst bedéngt duerch de Chantier, deen et net erlaabt, Zeremonien op der Plaz ze organiséieren. Vun den 279 Zeremonië waren der 202 ouni Kult, dat heescht zivil, an nëmme 67 mat Glawensriichtung. Vun den 2.684 Anäscherungen hu 719 Dispersiounen am „Jardin du Souvenir" zu Hamm stattfonnt. 595 Dispersiounen hunn an der Präsenz vun der Famill stattfonnt an 124 ouni Famill, dëst och wéinst dem Chantier.

Zum Schluss liwwert den Här KISER Informatiounen iwwer d'ASBL „Flamma", well hie gefrot gouf, wat d'Virdeeler wier Member ze sinn, am Verglach mam SICEC. Et handelt sech ëm eng Mutualitéit, déi duerch Cotisatioune finanzéiert gëtt an hir Membere bei administrativen Demarchen am Fall vun engem Doud ënnerstëtzt. Si iwwerhëlt d'Käschte fir d'Anäscherung, d'Verstreeën an d'Zeremonie. Et muss ee wëssen, datt d'ASBL ee Kooperatiounsaccord mat enger eenzeger Bestattungsfirma huet an dofir och nëmmen d'Käschten iwwerhëlt, wann een déi entspriechend Firma wielt. Par rapport zum Syndikat SICEC gëtt et awer keen Ënnerscheed, ob ee Member vun der ASBL „Flamma" ass oder net. D'Konditiounen, déi d'Tariffer vum SICEC definéieren, baséieren op dem Krittär vun der Gemenge-Memberschaft am Syndikat.

## 0. ÄNNERUNG VUN DER DAGESUERDNUNG – RÉCKZUCH VUN DE PUNKTE 6.1. A 6.2.

Nodeems d'Erklärunge vum Schäfferot gelauschtert goufen, beschléisst de Gemengerot eestëmmeg, déi follgend Punkten aus der Dagesuerdnung ze huelen an op eng nächst Sëtzung vum Gemengerot ze verréckelen:

- 6.1. Approbatioun vun enger Ännerung vum harmoniséierte Règlement-Taxe iwwert d'Offallentsuergung

- 6.2. Approbatioun vun enger Aktualiséierung vun den Annexen am Zesummenhang mam kommunale Reglement iwwert d'Offallentsuergung

## 1. KONVENTIOUN FIR ZESUMMENAARBECHT BEI BIERGERDÉNGSCHTER

### 1.1. Approbatioun vun enger Konventioun, déi d'Richtlinne fir d'Kooperatioun mat der ASBL „Solina Aarbechtshëllef" fir de Service de Proximité a fir de Service de Jardinage festleet

Mat der Deliberatioun vum 26. Februar 2025 hat de Gemengerot beschloss, seng Participatioun un der Finanzéierung vum „Centre d'Initiative et de Gestion Régional Syrdall (CIGR Syrdall)" ab dem 1. Januar 2026 ze stoppen.

Fir d'Kontinuitéit vun de bis elo ugebuedene Servicer ze garantéieren, huet de Schäfferot no engem neie Prestataire gesicht an, no verschiddene positiven Austauschen decidéiert, d'Kooperatioun mat der Associatioun „Solina Aarbechtshëllef a.s.b.l." auszebauen.

Esou gouf de 7. November 2025 eng Konventioun tëscht der Gemeng Schëtter a „Solina Aarbechtshëllef ASBL" ënnerschriwwen. Zil vun dëser Zesummenaarbecht ass d'Organisatioun vun zwee wichtege Servicer:

- Ee Service de Proximité fir eeler Leit a Persounen, déi (temporär) op Hëllef ugewise ginn, fir dass si

weiderhin doheem wunne kënnen;

- Ee Service de Jardinage, deen d'Ënnerhalung vun de kommunale Gréngflächen am Stroossennetz ëmfaasst, souwéi verschidden Nieweprestatioune wéi d'Verdeele vu kommunale Publikatiounen op Pabeier.

## 2. KOMMUNAL INFRASTRUKTUREN

### 2.1. Approbatioun vun engem zousätzlechen Devis fir d'Aarbechte beim Ausbau vun engem multifunktionelle Gebai um Fussballterrain zu Minsbech

Am Kader vun den Ausbauaarbechte vun engem multifunktionelle Gebai um Fussballterrain zu Minsbech beschléisst de Gemengerot eestëmmeg, den zousätzlechen Devis vum 27. Oktober 2025, ausgeschafft vum Architektebüro „HYP Architectes s.àr.l."vun der Kockelscheier, fir ee Montant arrondi vun 1.750.000,00€ inklusiv TVA ze approuvéieren.

## 3. KOMMUNAL FINANZEN

### 3.1. Presentatioun vun de Konten 2024

No der Presentatioun duerch de Schäfferot hëlt de Gemengerot Kenntnis vun den administrativen a Gestiounskonte vum Budgetexercice 2024, wéi hei zesummegefaasst. D'Comptabilitéit weist e Gewënn vun 1.843.317,02 € fir de Budgetsexercice 2024:

**D'Integralitéit vun der Presentatioun vun de Konte kann um Internetsite vun der Gemeng Schëtter consultéiert ginn.**

| | SERVICE ORDINAIRE | SERVICE EXTRAORDINAIRE |
|---|---|---|
| **Total vun de Recetten** | 27.628.130,28€ | 2.957.947,65€ |
| **Total vun den Depensen** | 19.442.085,73€ | 9.300.675,18€ |
| **Iwwerschoss fir den Exercice** | 8.186.044,55€ | |
| **Defizit fir den Exercice** | | 6.342.727,53€ |
| **Boni vum Kont 2023** | 15.434.320,69€ | |
| **Allgemenge Boni** | 23.620.365,24€ | |
| **Allgemenge Mali** | | 6.342.727,53€ |
| **Transfert ordin. /extraordin.** | - 6.342.727,53€ | 6.342.727,53€ |
| **Definitive Boni** | 17.277.637,71€ | |

### 3.2. Presentatioun vum Budget rectifié 2025 an dem Budget initial 2026

No der Presentatioun duerch de Schäfferot hält de Gemengerot Kenntnis vum Budget rectifié 2025 an dem Budget 2026, déi vum Schäfferot virgeschloe goufen a bei der nächster Sitzung vum Gemengerot diskutéiert a geneemegt ginn.

### 3.3. Approbatioun vun den Aarbechtsdecompten

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg déi follgend Aarbechtsdecompten:

| BUDGETSARTIKEL | BEZEECHNUNG | TOTAL VUM DEVIS | TOTAL VUN DEN DEPENSEN |
|---|---|---|---|
| 4/130/221311/16011 | Ariichtung vu weidere Büroe mat Versammlungsraum am Späicher vum Service | 803.120,00€ | 785.725,34€ |
| 4/242/221311/24006 | Revalorisatioun SEA, Phase 1.2 – Erweiderung vun der Produktiounskichen, Parking an Zougang zur Schoul | 86.000,00€ | 116.608,05€ |
| 4/621/221313/99006 | Ariichtung vu Spillplazen | 122.150,00€ | 284.277,94€ |
| 4/520/221313/17003 | Sanéierung vun der Kanalisatioun zu Schraasseg, Rue d'Oetrange | 0,00€ | 62.883,30€ |
| 4/520/221313/17005 | Verleeë vun enger Uewerflächewaasserkanalisatioun zu Schëtter/Minsbech | 197.200,00€ | 167.830,85€ |
| 4/627/221311/20010 | Vergréisserung vum Sall vum technesche Service | 123.710,00€ | 197.832,83€ |
| 4/0740/2143/005<br>4/630/221313/12019 | Rehabilitatioun / Verréckele vun der Waasserfaassung vun der aler Quell | 748.800,00€ | 656.077,93€ |
| 4/690/221311/19007 | Konformitéit vun de kommunale Gebaier | 440.000,00€ | 472.421,45€ |

### 3.4. Approbatioun vun engem aussergewéinleche Subsid fir d'Organisatioun vum Festival international de la Bande dessinée zu Conter

De 27. Oktober 2025 huet d'BD-Kommissioun vu Conter eng Demande fir e Subsid agereecht fir d'Organisatioun vun der 32. Editioun vum Festival international de la Bande dessinée, deen den 18. an 19. Juli 2026 zu Conter stattfënnt.

Doropshi beschléisst de Gemengerot eestëmmeg, ee Subside extraordinaire vun 1.750€ ze accordéieren.

## 4. GEMENGEBËSCHER

### 4.1. Approbatioun vum Plan de gestion fir d'Gemengebëscher fir den Exercice 2026

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, de Gestiounsplang fir d'Joer 2026 fir d'Bëschpropriétéit vun der Gemeng Schëtter ze approuvéieren, deen Investissementer vu 462.000,00€ a Recettë vu 172.500,00€ virgesäit.

### 4.2. Approbatioun vun enger Konventioun iwwert d'Bëschaarbechten op der mobiller See

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, d'Konventioun iwwert „Bëschaarbechten op der mobiller See" ze approuvéieren, déi tëscht de Gemengen Nidderaanwen a Schëtter an dem „Centre d'Initiative et de Gestion Régional (CIGR) Syrdall ASBL" ënnerschriwwe gouf.

D'Konventioun präziséiert ënner anerem, datt d'mobil See, déi vun deenen zwou Gemenge fir de Centre forestier zu Niederaanwen fir e Betrag vun 204.523€ inklusiv TVA ugeschaaft gouf, ënner anerem vum CIGR Syrdall ASBL benotzt gëtt.

### 4.3. Approbatioun vum Règlement taxes fir de Verkaf vu Brennholz

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, de Règlement taxes iwwer de Verkaf vu Brennholz un d'Awunner vun der Gemeng Schëtter unzepassen:

D'Präisser fir de Verkaf vu geschniddenem Brennholz gi wéi follegt festgeluecht:

- 79,00€ inkl. TVA / Ster mat enger Längt vun 100cm;
- 89,00€ inkl. TVA / Ster mat enger Längt vu 50cm;
- 94,00€ inkl. TVA / Ster mat enger Längt vun 33cm;
- 98,00€ inkl. TVA / Ster mat enger Längt vu 25cm.

De Präis fir d'Liwwerung vum Brennholz heem beleeft sech op 25,00€ inkl. TVA. D'Anzündholz gëtt zum Präis vu 7,50€ inkl. TVA pro Sak ugebueden.

## 5. URBANISMUS

### 5.1. Approbatioun vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Plan d'aménagement général vun der Gemeng Schëtter iwwer d'Klasséierung vu verschiddene Parzellen zu Minsbech, um Lieu-dit „Op dem Landtrausch", an eng Zone BEP

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, de Projet fir eng Ännerung vum Plan d'aménagement général vun der Gemeng Schëtter ze approuvéieren, iwwer d'Klasséierung vu verschiddene Parzellen zu Minsbech, am Lieu-dit „Op dem Landtrausch", an eng Zone BEP.

D'Zil vun der Ännerung ass et, de kommunalen Entwécklungsplang un d'Evolutioun vum Plan d'occupation du sol (POS) am Zesummenhang mam Flughafen unzepassen. Si gesäit eng Upassung vu bestëmmten Zone vir, mat enger partieller Reklasséierung an Zone fir ëffentlech Gebaier an Equipementer, souwéi d'Schafung vun enger Pufferzon am Westen, fir d'Urbaniséierung besser ze encadréieren.

### 5.2. Approbatioun vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Plan d'aménagement particulier quartier existant (PAP-QE) „BEP-Recyclingzenter" zu Minsbech an „BEP-STEP" zu Iwwersiren

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, de Projet fir eng punktuell Ännerung vum Plan d'aménagement particulier existant (PAP-QE) „BEP-Recyclingzenter" zu Minsbech an „BEP-STEP" zu Iwwersiren ze approuvéieren.

## 6. GEMENGE-REGLEMENTER

### 6.1. Approbatioun vun enger Ännerung vum kommunale Reglement iwwert d'Verdeelung vum Drénkwaasser

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, d'Reglement iwwert d'Verdeelung vum Drénkwaasser, dat de Gemengerot de 27. Oktober 2010 festgehalen huet, ze änneren, fir am Secteur HORECA d'Méiglechkeet virzegesinn, en zousätzleche Compteur fir d'Facturatioun vum jeeweilegen Tarif z'installéieren.

### 6.2. Approbatioun vun enger Ännerung vum Règlement-taxe iwwer d'Festleeë vun der Tax op der Distributioun vum Drénkwaasser

Als Konsequenz vum Punkt 6.1. beschléisst de Gemengerot eestëmmeg, d'Artikelen iwwer d'fix an d'variabel Taxe fir de Secteur HORECA am Règlement-taxe iwwer d'Festleeë vun der Tax op der Drénkwaasser-distrubutioun ze ergänzen. Dëst Règlement gouf de 16. November 2022 vum Gemengerot festgehalen.

### 6.3. Approbatioun vun engem Reglement iwwert d'Bereetstelle vun Informatik- a Kommunikatiounsmaterial

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, d'Reglement iwwert d'Bereetstelle vun Informatik- a Kommunikatiounsmaterial fir d'Membere vum Schäfferot an d'Personal vun der Gemeng Schëtter festzehalen.

## 7. NOTAIRES-AKTEN, COMPROMIS A VIRKAFSRECHT

### 7.1. Entscheedung iwwer d'Ausübe vun engem Virkafsrecht fir Terrainen zu Schraasseg, Rue d'Oetrange

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säi Virkafsrecht iwwer follgend Terrainen net auszeüben:

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | C vu Schraasseg |
| **Kadaster-nummer** | 395/1894 |
| **Lieu-dit** | Rue d'Oetrange |
| **Classe-ment PAG** | HAB-1 |
| **Classe-ment PAP QE** | HAB-1 a II 1L |

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | C vu Schraasseg |
| **Kadaster-nummer** | 395/1895 |
| **Lieu-dit** | Rue d'Oetrange |
| **Classe-ment PAG** | HAB-1 |
| **Classe-ment PAP QE** | HAB-1 a II 1L |

### 7.2. Entscheedung iwwer d'Ausübe vun engem Virkafsrecht fir Terrainen zu Schëtter, Rue de Canach

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säi Virkafsrecht iwwer follgend Terrainen net auszeüben:

| | |
|---|---|
| **Sektioun** | A vu Schëtter |
| **Kadaster-nummer** | 74/5005 |
| **Lieu-dit** | Rue de Canach |
| **Classe-ment PAG** | Zone verte Zone de protection Natura 2000 Zone d'inondation HQ10 |

## 8. SCHRËFTLECH FROE VUN DE GEMENGECONSEILL-EREN

No enger Ufro vun der lokaler Partei „Schëtter Bierger" iwwer de Projet „Neien Duerfkär fir Schëtter" gëtt präziséiert, datt déi rezent ëffentlech Ausschreiwung „Infrastruktur- an Ëmgestaltungsaarbechten" sech nëmmen op de Bau vum neie Gebai fir d'Scouten, de Club des Jeunes an d'Erweiderung vun der Gemengeverwaltung, souwéi hir direkt Ëmgéigend bezitt.

Et ass also fir de Moment net néideg, eng extern Meenung anzefroen, fir d'Konformitéit mam ursprénglleche Projet vum urbanistesche Concours ze iwwerpréiwen.

De Cahier des Charges vum Concours hat déi néideg Flexibilitéit virgesinn, fir Upassungen, déi als relevant ugesi ginn, am Laf vum Projet ze integréieren. Bei engem Chantier vun esou enger Envergure ass et normal, datt am Laf vun der Planung Ännerunge virgeholl ginn, well verschidden Detailer an der initialer Konzeptiounsphas net konnten virausgesi ginn.

## 9. FROE VUM PUBLIC

Keng.

# SËTZUNG VUM GEMENGEROT

## 10.12.2025

**PRESENT:**

Claude Marson,
***Buergermeeschter***

Serge Eicher, Conny Ney
***Schäffen***

Jean-Marie Altmann, Nora Forgiarini, Andrew Kiser, Annemarie Nagel, Jules Sauber, Serge Thein, Paul Theisen, Nicolas Welsch, ***Conseilleren***

Alain Dohn,
***Gemengesekretär***

**Fannt déi ganz Sëtzung vum Gemengerot op eisem Youtube-Kanal.**

@Gemeng_Schetter

YouTube

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jiddereen häerzlech wëllkomm zu der 12. a leschter Sitzung vum Gemengerot am Joer 2025.

Weider deelt de Buergermeeschter mat, datt d'ëffentlech Ofstëmmung vun dëser Sëtzung mam Conseiller Andy KISER ufänkt.

Duerno informéiert den Här Buergermeeschter iwwer d'Evenementer, déi zanter der leschter Sitzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Samschdes, den 29. November 2025, huet d'"Schëtter Musek" e Concert am Kader vum Wantergala vun der Musek vu Sandweiler gespillt;

- Den Dag drop, sonndes, den 30. November, hunn d'"Fraen a Mammen" vu Schëtter hiren Adventsmaart am Centre Culturel organiséiert. Dësen Owend gouf musikalesch begleet vun engem schéine Concert vun de „Schëtter Jongbléiser". De Benefice vum Adventsmaart gëtt fir eng gutt Saach gespent;

- Freides, de 5. Dezember, ass de Kleeschen an d'Schoul um Campus komm. D'Feier huet um 15 Auer an der aler Sportshal ugefaangen. Duerno hunn d'Schüler zesumme mat hirem Léierpersonal an dem Team vun der Maison Relais jiddereen op hire Kleeseschersmaart an an hir „Kaffisstuff" an de Centre Culturel invitéiert;

- Samschdes, de 6. Dezember, huet d'Associatioun Rythmica Lux de „Fairytale Cup" organiséiert, a sonndes, de 7.

Dezember, hire Chrëschtdagsgala an der aler Sportshal;

- De selwechte Sonndeg, de 7. Dezember, huet d'Schëtter Chorale op hire Chrëschdagsconcert an d'Schëtter Kierch invitéiert. De Concert huet um 16:30 Auer ugefaange mat der Chorale vu Schëtter, ënnert der Direktioun vum Marianne Hengel. Déi zweet Hallschent gouf vun der Chorale Ste. Cécile vu Sandweiler ënnert der Direktioun vum Georges Jungblut gespillt. Et gouf och eng Kollekt fir d'Scouten organiséiert.

Duerno deelt den Här Buergermeeschter d'Evenementer mat, déi nach kommen:

- Vu freides, den 12., bis sonndes, de 14. Dezember, fënnt den traditionelle Chrëschtmaart zu Schëtter statt. Wéi all Joer verwinnen d'Lokalveräiner d'Visiteure mat traditionelle Lëtzebuerger Platen an internationale Spezialitéiten. D'Offiziell Ouverture ass freides um 17 Auer. Ab 17:30 Auer ginn zwee Concerten ugebueden: ee vun de „Schëtter Jongbléiser" an deen anere vun der „Schëtter Strëpp".

Samschdes, den 13. Dezember, ass och de „Schëtter Maart" vun 9 bis 13 Auer. Wärend d'Elteren iwwert de Maart trëppelen, kënnen d'Kanner eng flott Aktivitéit am Schëtter Treff genéissen: den Acteur Claude Humbert liest e Wantermärche vir. Ab 17 Auer mécht de Chrëschtmaart seng Stänn erëm op. Um 19 Auer suergt den Duo „Simply2" fir eng flott musikalesch Ambiance.

Sonndes, de 14. Dezember, mécht de Chrëschtmaart um 15 Auer op. Um 16 Auer 30 spillt d'Schëtter Musek hire spirituelle Concert an der Schëtter Kierch, ënnert der Direktioun vum Leroy Vandivinit. Um Programm stinn ënner anerem Stécker wéi „Nostradamus" vum Otto Schwarz a Melodien aus dem bekannte Film „Avatar";

- Dënschdes, de 16. Dezember, organiséieren d'„Fraen a Mammen" eng Excursioun op de Chrëschtmaart zu Speyer an Däitschland;

- Mëttwochs, de 17. Dezember, invitéiert d'Kommissioun fir Famill, Drëtten Alter a sozialem Uleies op hir Chrëschtdagsfeier vu 15 bis 18 Auer am Schëtter Treff;

- De selwechten Dag ass och d'Reunioun vum Konsortium T4R (Twin4Resilience), un där follgend Stied deelhuelen: Utrecht, Amsterdam, Bréissel, Rennes, Dublin, Leiedal (eng Regioun a Flandern) an d'Gemeng Schëtter. Et handelt sech ëm e Projet Interreg, matfinanzéiert vun der Europäescher Unioun, mat enger Dauer vun 42 Méint, deen den 1. Januar 2024 ugefaangen huet. De Lëtzebuerger Partner ass de LIST (Luxembourg Institute of Science and Technology). D'Participatioun vun der Gemeng Schëtter baséiert op der Digitaliséierungsstra-

tegie, déi de Gemengerot den 22. Februar 2023 gestëmmt huet;

- Samschdes, den 20., a sonndes, den 21. Dezember, organiséiert den FC Munsbach de „Christmas Boy Cup" fir jonk Foussballspiller vun de Kategorien U7 bis U17 an der grousser Sportshal;

- Den 3. a 4. Januar 2026 organiséiert den FC Munsbach den „New Year's Girls Cup", och an der Sportshal zu Minsbech;

- Samschdes, den 10. Januar, ass de Schëtter Maart op der Kiercheplaz;

- Sonndes, den 11. Januar, ass déi grouss UGDA-Auditioun an der aler Sportshal;

- Sonndes, den 18. Januar, invitéiert den FC Munsbach op säin „Mullesonndeg". Et gëtt en alternative Menü mat Ham, Fritten an Zalot ugebueden;

- Samschdes, de 24. Januar, spillt d'Schëtter Musek am Kader vum Dag vun der Harmonie d'Mass fir déi lieweg a verstuerwe Membere vun der Associatioun um 18 Auer 30;

- De selwechte Weekend, samschdes, de 24. a sonndes, de 25. Januar, sinn déi éischt Theateropféierunge vun den „Theaterfrënn" am Centre Culturel zu Minsbech. D'Stéck heescht dëst Joer „Wäigeeschterstonn";

- Mëttwochs, den 28. Januar, ass déi nächst an éischt Sitzung vum Gemengerot am neie Joer.

Duerno informéiert den Här Buergermeeschter nach iwwer follgend Themen:

- Bei der Sëtzung vum Gemengerot de 26. November 2025 gouf behaapt, datt een Trakter fir Bëschaarbechten ouni Ausschreiwung an direkt vum Fierschter kaf gi wier. D'Gemeng Schëtter huet elo e Bréif kritt, an deem de Bëschaarbechter, den Här Pit Lacour, präziséiert, datt wuelgemierkt eng ëffentlech Ausschreiwung lancéiert gouf, konform mat der gülteger Gesetzgebung. Hien erkläert, datt – am Géigesaz zu deem, wat behaapt gouf – d'Prozedur vum Akaf op kee Fall beim Garde forestier läit, mee bei der Gemeng Nidderaanwen, déi déi ganz Prozedur vun der Ausschreiwung duerchgefouert huet;

- D'Konditioune fir d'Opnam am CIPA (Centre d'intégration pour personnes âgées) zu Nidderaanwen goufe mam Accord vun de Communes signataires liicht adaptéiert. Nieft der Mindestalterbedingung vu 65 Joer kann eng Opnam virun dësem Alter envisagéiert ginn, wann d'Persoun spezifesch a kontinuéierlech Fleeg brauch, déi weder doheem nach an anere spezialiséierte Strukturen assuréiert ka ginn. Wat de Wunnsëtzcritère ugeet, gëtt déi aktuell Reegel – säi leschte Wunnsëtz op d'mannst 2 Joer kontinuéierlech um Territoire vun enger Commune signataire

gehat ze hunn oder en direkten Nokommen, deen zanter op d'mannst 6 Joer kontinuéierlech do domiciléiert ass – duerch eng nei Bedéngung ergänzt: op d'mannst 20 Joer kontinuéierlech an de leschte 40 Joer um Territoire vun enger Commune signataire gewunnt ze hunn;

- Nom Retrait vum Bankomat um Parking vum Leclerc zu Minsbech hat de Schäfferot e Bréif un d'BIL geschéckt, fir d'Grënn dovunner gewuer ze ginn. D'Gemeng huet elo d'Äntwert vun der Bank kritt, déi erkläert, datt si de Bankomat gären do behale wollt, mee Differenze mam Proprietär hätte si gezwongen, de Contrat de bail ze kënnegen. D'Gemeng huet awer eng Reunioun mat der Bank virgesinn, fir en anere Site fir d'Installatioun vum Bankomat ze fannen;

- D'Gemeng huet e Bréif vum Club des Jeunes kritt, deen un de Schäfferot an de Gemengerot adresséiert war, mat der Ufro fir verschiddene Modalitéiten an der Konzeptioun vun hirem zukünftege Lokal am Kader vum Projet „Neien Duerfkär" nach eng Kéier ze iwwerkucken. De Buergermeeschter deelt mat, datt et reegelméisseg Entrevuë mam Comité vum Club des Jeunes gouf, fir zesummen d'Bedierfnesser an d'Konzeptioun vun de Raimlechkeeten ze definéieren. All hir Fuerderunge goufe berücksichtegt. Well d'Responsabel nach e puer zousätzlech Wënsch hunn, ass eng Reunioun am Januar virgesinn, fir de Projet nach eng Kéier ze diskutéieren. D'Entrevue betrëfft zwee Punkten: engersäits e puer Differenzen am Comité, wat d'Konzeptioun vun de Raimlechkeeten ugeet, an anerersäits d'Bereetstellung vun enger provisorescher Struktur wärend den Aarbechten;

- Déi lescht Plenière vum „Klima-Bündnis" den 8. Dezember huet sech ënner anerem mam Budget rectifié 2025, den Haaptlinne vum Aktiounsplang 2026 an der neier Gouvernancestruktur vun der Allianz befaasst. Bis elo gouf d'Comptabilitéit vun der Allianz vum Mouvement écologique assuréiert, parallel zu senger eegener Finanzverwaltung. Am Kontext vun der neier Gesetzgebung iwwer d'ASBLe stellt sech d'Fro, ob dës Approche nach adaptéiert ass an ob et net besser wier, der Allianz de Statut vun enger autonomer juristescher Persoun ze ginn, mat allen Opportunitéiten, déi esou e Statut a Saache Finanzpolitik a Personalverwaltung bitt.

An dësem Sënn hat d'Plenière am November 2024 eestëmmeg decidéiert, d'Allianz an eng ASBL ëmzewandelen, nom Prinzip vun enger direkter Adhesioun vun de Gemengen. Den Inneministère hat awer do juristesch Bedenken a schlussendlech säin Accord net ginn.

Fir eng Léisung ze fannen, gouf mam Accord vun der Ple-

nière decidéiert, den 11. Dezember 2025 eng ASBL ze grënnen, deenen hir Memberen net d'Gemenge selwer sinn, mee hir kommunal Delegéiert. Dës nei Entitéit iwwerhëlt d'Roll vun der Trägerstruktur vum kommunale Reseau, amplaz vum Mouvement écologique. Dës Léisung hëlt d'juristesch Onsécherheet fir de Moment ewech, bis eng legislativ Evolutioun d'direkt Adhesioun vun de Gemengen un enger ASBL erméiglecht. An der Transitiounsphas bleift d'Konventioun vum Klima-Bündnis vun 2022 a Kraaft, an et gëtt e Parallelismus tëscht der Plenière vum Klima-Bündnis an der Generalversammlung vun der neier ASBL instauréiert.

Den Aktiounsplang fir 2026 gouf och presentéiert an dësen orientéiert sech u follgenden Haaptachsen:

- Verstäerkung vum interkommunalen Austausch am Nord-Süd-Kader, besonnesch a Saache Kommunikatioun, Zesummenaarbecht tëscht Schäfferéit, Verwaltung a Kommissiounen;
- Organisatioun vu Konferenzen a Seminairen zesumme mat Acteure wéi Mouvement écologique oder ProVelo iwwer aktuell Themen: Upassung un de Klimawandel, energeetesch Renovatioun vun ëffentleche Gebaier, Elektromobilitéit a Klimagerechtegkeet;
- Mise en place vun enger „Energie-Caravane", déi eng éischt energetesch Berodung doheem ubitt, fir d'Renovatiounsquote vun existente Gebaier ze beschleunegen. Dës innovativ Initiativ, déi schonn a verschiddene Gemenge Succès hat, soll 2026 och Schëtter abannen;
- Klimaupassung géint Hëtztwellen duerch Schafung vun ëffentlechen Infrastrukturen, déi Schied an Ofkillung bidden. Parallel dozou eng Sensibiliséierungscampagne fir Bierger iwwer dës Schutzplazen an iwwer d'Gesten am Fall vun thermeschem Stress ze informéieren;
- Klimaupassungstour, eng pädagogesch Campagne, déi Bierger invitéiert, iwwer 5 bis 10 Statiounen um Gemengenterritoire Konzepter a Strategien zur Klimaupassung mat konkrete Beispiller ze entdecken;
- Finanzielle Support fir Gemengen, déi Infrastrukture géint extrem Wiederbedéngungen entwéckele wëllen;
- Projet „ProVelo.lu", fir déi douce Mobilitéit an d'Dekarboniséierung souwéi d'Sécherheet am Stroosseverkéier ze promouvéieren. Haaptzil ass d'Ëmsetzung vu Moossnamen, déi et Kanner erméiglechen, sécher mam Vëlo an d'Schoul ze fueren.

## 1. ALLOCATIOUN VU VERSCHIDDENEN DONEN

### 1.1. Presentatioun an Approbatioun vun engem Don am Kader vun de Kooperatiounsprojete vum Lycée Athénée de Luxembourg

De Gemengerot vu Schëtter beschléisst eestëmmeg, en Don vun 1.500€ un d'ONG „Athénée – Action humanitaire a.s.b.l." ze accordéieren.

D'Zil vun dëser finanzieller Ënnerstëtzung ass et, de Kooperatiounsprojet „EDULINK" a Südafrika ze färderen, deen et all Joer Schüler vum Athénée de Luxembourg – dorënner och verschidde Residenten aus der Gemeng – erméiglecht, u solidareschen Aktiounen deelzehuelen.

Dës Partnerschaft, déi zanter méi wéi 15 Joer mam „Cape Winelands Biosphere Reserve" besteet, ënnerstëtzt den Engagement vun de Jonke souwéi edukativen, sozialen a kulturellen Initiativen op internationalem Niveau.

### 1.2. Approbatioun vum Don „Dîner Nouvel An", proposéiert vum Gemengepersonal

Zanter e puer Joer verzicht d'Personal vun der Gemeng Schëtter op hiren „Cadeau de fin d'année", fir karitativ Associatiounen z'ënnerstëtzen.

Op Propositioun vum Personal beschléisst de Gemengerot eestëmmeg, en Don vun 1.500€ ze geneemegen, deen zu gläichen Deeler tëscht zwou Lëtzebuerger Associatiounen opgedeelt gëtt:

- Catch a Smile ASBL (Diddeleng), déi Migranten a Flüchtlingen duerch humanitär Aktiounen a Sensibiliséierung ënnerstëtzt;

- Stroossenengelen ASBL (Dikrech), déi sech fir Persounen an Noutlagen engagéiert, besonnesch Obdachloser a benodeelegt Familljen.

## 2. OFFALLENTSUERGUNG

### 2.1. Approbatioun vun enger Ännerung vum harmoniséierte Règlement-taxe iwwert d'Offallentsuergung

Nodeems d'Presentatioun vum Ingenieursbüro „ProGroup Consulting & Engineering" vum Wandhaff an d'Erklärunge vum Schäfferot gelauschtert goufen, beschléisst de Gemengerot mat 6 Stëmmen (DP an LSAP) géint 3 (SCHËTTER BIERGER) an 2 (DÉI GRÉNG) Enthalungen, de Règlement-taxe iwwert d'Ofhuelen, de Recycling an d'Gestioun vun den Offäll ze approuvéieren.

Hei sinn déi wichtegst Punkten aus dem neie Reglement:

De Gemengerot huet d'Aféierung vun engem harmoniséierten Taxesystem fir d'Offallgestioun gestëmmt. Dëse System soll d'Käschte besser no der realer Notzung verdeelen an den Tri encouragéieren.

- D'Tax setzt sech aus dräi Deeler zesummen:

- Eng järlech Basistaxe vu 60€ pro Wunneng oder Terrain, inklusiv d'Bereetstelle vu Poubellë fir Reschta Bio-Offäll;
- Eng Behältertax, berechent no der Gréisst an der Unzuel vun de benotzte Poubellen oder Containeren;
- Eng Gewiichtstax, nëmmen op Reschtoffäll applizéiert, mat engem Präis vun 1,70 €/kg. Bio-Offäll, Glas a Pabeier ginn net no Gewiicht besteiert.

- Spezifesch Tariffer si virgesi fir verschidde Servicer (Poubellësäck, Collecte à domicile, Kompost, speziell Equipementer) an den Zougang zum Recyclingzenter zu Minsbech (Kaart inklusiv fir Stéit, järlech Cotisatioun fir Entreprisen an Associatiounen)

**D'Detailer vum Reglement kënnen hei consultéiert ginn.**

## .2.2. Aktualiséierung vun den Annexen am Zesummenhang mam kommunale Reglement iwwert d'Offallentsuergung

De Gemengerot beschléisst mat 8 Stëmmen (DP, LSAP an DÉI GRÉNG) géint 3 (SCHËTTER BIERGER), eng Aktualiséierung vun den Annexen am Zesummenhang mam kommunale Reglement iwwert d'Offallentsuergung ze approuvéieren.

Hei sinn déi wichtegst Punkten iwwert d'Offallkollekt no präzise Modalitéiten:

- Reschtoffäll: Sammlung all 15 Deeg, donneschdes ab 7 Auer.

- Bio-Offäll (Kichen a Gaart): Sammlung all 15 Deeg vum 1. Januar bis den 28. Februar a vum 1. bis den 31. Dezember. Wëchentlech Sammlung vum 1. Mäerz bis den 30. November. Ëmmer donneschdes ab 7 Auer an den offizielle Backen.

**D'Detailer vun der Mise à jour kënnen hei consultéiert ginn.**

## 2.3. Approbatioun vun engem Subsidereglement „Windelsubside"

Nodeems d'Propositioun vum Schäfferot gehéiert gouf, beschléisst de Gemengerot eestëmmeg, dat follgend Subsidereglement am Kader vun der Offallentsuergung festzehalen, dat ab dem 1. Abrëll 2026 a Kraaft trëtt:

- Famillje mat Neigebuerenen hunn d'Méiglechkeet, bei der Gemengeverwaltung eng Hëllef ze froen, genannt „Windelsubside". Fir all Kand am fréien Kandheetsalter gëtt e Subsid vun 220,00€ pro Joer zougestanen, temporär bis zum zweete Gebuertsdag vum Kand.

- Persounen, déi aus Gesondheetsgrënn e verstäerkte Besoin un Hygiène-Artikelen hunn, kënnen eng finanziell Hëllef vun 220,00€ pro Joer ufroen, ënner der Bedingung, datt si e medezinesche Certificat virleeën. De Schäfferot decidéiert am Eenzelfall, op Basis vun den agereechten Dokumenter, iwwert d'Zougestoen an d'Dauer vun dëser Hëllef.

# 3. GEMENGE-FINANZEN

## 3.1. Approbatioun vum Budget rectifié fir den Exercice 2025

Nodeems d'Erklärungen an d'Bemierkunge vun de Membere vum Schäfferot an dem Gemengerot gehéiert goufen, geet de Gemengerot zur Ofstëmmung iwwer a beschléisst eestëmmeg, de Budget rectifié fir den Exercice 2025 wéi follegt festzehalen:

| | SERVICE ORDINAIRE | SERVICE EXTRAORDINAIRE |
|---|---|---|
| **Total vun de Recetten** | 29 033 526,10€ | 2 836 253,19€ |
| **Total vun den Depensen** | 19 571 067,09€ | 20 107 584,14€ |
| **Iwwerschoss fir den Exercice** | 9 462 459,01€ | |
| **Defizit fir den Exercice** | | 17 271 330,95€ |
| **Boni vum Kont 2024** | 17 277 637,71€ | |
| **Mali vum Kont 2024** | | |
| **Allgemenge Boni** | 26 740 096,72€ | |
| **Allgemenge Mali** | | 17 271 330,95€ |
| **Transfert ordin. / extraord.** | - 17 271 330,95€ | 17 271 330,95€ |
| **Definitive Boni** | 9 468 765,77€ | |

**D'Presentatioun vum Budget souwéi den Avis vun der Finanzkommissioun kënnen hei consultéiert ginn.**

### 3.2. Approbatioun vum Budget fir den Exercice 2026

Nodeems d'Avise vun der Schoulkommissioun an der Finanzkommissioun zur Kenntnis geholl goufen and'Erklärungen an d'Bemierkunge vun alle Membere vum Gemengerot gehéiert goufen, gëtt de Budget fir den Exercice 2026 eestëmmeg festgehalen:

| | SERVICE ORDINAIRE | SERVICE EXTRAORDINAIRE |
|---|---|---|
| **Total vun de Recetten** | 30 925 160,83€ | 13 003 397,00€ |
| **Total vun den Depensen** | 20 260 832,66€ | 32 657 650,00€ |
| **Iwwerschoss fir d'Geschäftsjoer** | 10 664 328,17€ | |
| **Defizit fir d'Geschäftsjoer** | | 19 654 253,00€ |
| **Présuméierten Boni fir 2025** | 9 468 765,77€ | |
| **Présuméierten Mali fir 2025** | | |
| **Allgemenge Boni** | 20 133 093,94€ | |
| **Allgemengen Defizit** | | 19 654 253,00€ |
| **Transfert ordin. / extraordin.** | - 19 654 253,00€ | 19 654 253,00€ |
| **Definitive Boni** | 478 840,94€ | |

### 3.3. Approbatioun vun engem Devis fir de Kaf vun engem Mähbalke mat Bandreche fir en Trakter

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg den Devis vum 8. Dezember 2025, erstallt vum technesche Service vun der Gemeng, fir de Kaf vun engem Mähbalke mat Bandreche fir en Trakter an Héicht vun 11.000,00€ TTC.

De Kaf vun dëser Maschinn ass onëmgänglech fir d'Kontinuitéit an d'Effizienz vum Méien an der Gemeng an Zukunft ze garantéieren. Si erméiglecht eng optimal Gestioun vun de Gréngflächen an entsprécht den ëmmer méi héijen Ufuerderungen am Beräich vun nohalteger Ënnerhalung a Biodiversitéitsschutz.

## 4. GEMENGE-REGLEMENTER

### 4.1. Approbatioun vun engem Gemengereglement iwwert d'Fixatioun vun den Tariffer fir Prestatioune vum Service technique an dem Service Régie communale

D'Taxen, déi op Aarbechten applizéiert ginn, déi fir Drëttpersounen ausgefouert ginn, waren déi leschte Kéier 1990 vum Gemengerot festgeluecht ginn. De Schäfferot ass der Meenung, datt et noutwendeg ass, dës unzepassen, fir d'Entwécklung vun de Käschten an d'Laaschten ze berécksichtegen, well déi aktuell Tariffer net méi der Realitéit entspriechen. Dofir schléit de Gemengerot sech dëser Propositioun un a beschléisst eestëmmeg, d'Reglement iwwert déi nei Festleeung vun de Tariffer fir Prestatioune vum Service technique an dem Service Régie communale ze approuvéieren.

### 4.2. Approbatioun vun engem Règlement-Taxe fir de Recouvrement vu Créancen

Wéinst der Erhéijung vun de Verspéidungen beim Bezuele vun Taxen a Redevancë wëll d'Gemeng Schëtter ab dem 1. Januar 2026 eng fix Tax vun 10 € aféieren, déi applizéiert gëtt, soubal déi zweet Lettre de Rappel am Kader vun enger Procédure de Recouvrement geschéckt gëtt.

Dës Moossnam soll en Deel vun den administrative Käschten decken an d'Leit dozou motivéieren, hir Schold séier ze begläichen.

Doropshi gëtt d'Reglement eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl.

### 4.3. Confirmatioun vu verschiddenen dréngende Modifikatioune vum kommunale Verkéiersreglement

De Gemengerot confirméiert eestëmmeg dräi dréngend Ännerungen am kommunale Verkéiersreglement:

- Rue du Parc zu Minsbech (01/12/2025 - 12/12/2025)
- Rue de Beyren zu Iwwersiren (08/12/2025 - 19/12/2025)
- Place de l'Eglise zu Schëtter (08/12/2025 - 17/12/2025)

## 5. NOTAIRESAKTEN, COMPROMIS A VIRKAFSRECHT

### 5.1. Approbatioun vun engem Acte d'échange (Ref.: 905/2025) iwwer Terrainen zu Minsbech, Sektioun B vu Minsbech, Rue du Château a Rue Principale

De Gemengerot approuvéiert eestëmmeg den Acte d'échange Nr. 905/2025, ënnerschriwwen den 20. November 2025 tëscht dem Schäfferot an der Société anonyme Feuerloft vu Minsbech.

Mat dësem Akt cedéiert d'Société anonyme Feuerloft der Gemeng Schëtter dräi Terrainen zu Minsbech, déi am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektioun B vu Minsbech, wéi follegt ageschriwwe sinn:

| | |
|---|---|
| **Kadasternummer** | 1007/4574 |
| **Lieu-dit** | Rue du Château |
| **Natur** | Place voirie |
| **Fläch** | 0,05 Ar |

| | |
|---|---|
| **Kadaster-nummer** | 1007/4576 |
| **Lieu-dit** | Rue Principale |
| **Natur** | Place verte |
| **Fläch** | 1,05 Ar |

| | |
|---|---|
| **Kadaster-nummer** | 1007/4577 |
| **Lieu-dit** | Rue Principale |
| **Natur** | Place voirie |
| **Fläch** | 0,06 Ar |

Am Géigenzuch cedéiert d'Gemeng Schëtter der Société anonyme Feuerloft en Terrain zu Schëtter, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektioun B vu Minsbech, wéi follegt:

| | |
|---|---|
| **Kadaster-nummer** | 1027/4578 |
| **Lieu-dit** | Rue du Château |
| **Natur** | Place |
| **Fläch** | 1,05 Ar |

Dësen Terrainstausch geschitt am Interessi vun der Utilité publique fir d'Gemeng Schëtter, mat dem Zil, d'Terrainen an d'ëffentlecht Stroossennetz z'integréieren an eng gréng Plaz fir d'Gemeng unzeleeën.

## 6. SCHRËFTLECH FROE VUN DE GEMENGECONSEILLEREN

Keng.

## 7. FROE VUM PUBLIC

Keng.

## 8. HUIS CLOS – DESIGNATIOUN VUN ZWEE MEMBERE VUM VERWALTUNGSROT VUM OFFICE SOCIAL „IEWESCHTE SYRDALL" FIR D'GEMENG SCHËTTER

No de Kandidaturen, déi am Kader vum Opruff fir d'Posten ageereecht goufen (Affichage vum 10. November 2025 bis inklusiv 30. November 2025), geet de Gemengerot zu enger geheimer Ofstëmmung iwwer.

E beschléisst, déi follgend Persounen als Vertrieder vun der Gemeng Schëtter am Verwaltungsrot vum Office social „Ieweschte Syrdall" ze nennen:

- Madame Alie ALTMEISCH-BROEKMAN, Minsbech
- Madame Annelise JENTGEN-MEYER, Iwwersiren

## RECTIFICATIF

**Gemengebuet 05/2025**

An der Gemengerotssëtzung vum 24.09.2025, huet den Andrew Kiser dem Serge Eicher eng Procuratioun gi gehat, fir a sengem Numm ofzestëmmen, an net dem Serge Thein, wéi et am Gemengebuet 05/2025 an der englescher Versioun stoung.

# BUDGET

| | 2024 | BR 2025 | BI 2026 |
|---|---|---|---|
| **Recettes ordinaires** | 27 628 130€ | 29 033 526€ | 30 925 161€ |
| **Dépenses ordinaires** | 19 442 086€ | 19 571 067€ | 20 260 833€ |
| | | | |
| **Résultat ordinaire** | 8 186 045€ | 9 462 459€ | 10 664 328€ |
| | | | |
| **Recettes extraordinaires** | 2 957 948€ | 2 836 253€ | 13 003 397€ |
| **Dépenses extraordinaires** | 9 300 675€ | 20 107 584€ | 32 657 650€ |
| | | | |
| **Résultat extraordi-naire** | - 6 342 728€ | - 17 271 331€ | - 19 654 253€ |
| | | | |
| **Résultat global** | 1 843 317€ | - 7 808 872€ | - 8 989 925€ |
| | | | |
| **Résultat reporté N-1** | 15 434 321€ | 17 277 638€ | 9 468 766€ |
| | | | |
| **Résultat reporté** | 17 277 638€ | 9 468 766€ | 478 841€ |

Den 10. Dezember 2025 war de Budget Thema am Gemengerot. D'Sëtzung huet mat engem Réckbléck op d'Konte vum Joer 2024 ugefaangen. Alles an allem konnt fir 2024 e positiivt Resultat vun 1,9 Milliounen Euro verzeechent ginn. Zesumme mam Résultat reporté vun 2023 vu 15,4 Milliounen hu mer dann also e Bénéfice reporté fir 2025 vu bal 17,3 Milliounen Euro. Dës Reserven erméiglechen et eis, déi néideg Infrastrukturprojeten ze finanzéieren, déi fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng entscheedend sinn.

Fir 2025 rechne mer aktuell op Basis vum Budget rectifié mat engem Defizit vun ongeféier 7,8 Milliounen Euro, mee duerch d'Reserven aus de leschte Jore bleift nach ëmmer e Bénéfice reporté vu ronn 9,5 Milliounen Euro.

Beim Budget 2026 gesi mer eng weider Steigerung vum ordinäre Benefice op 10,6 Milliounen Euro vir, dëst notamment, well eis Depensë fir 2025 a fir 2026 méi lues wuesse wéi eis Recetten.

Et ass dem Schäfferot wichteg, fir déi ordinär Depensen am Gréff ze hunn, fir esou eis néideg Investissementer an Zukunft vun der Gemeng ze realiséieren an eis dobäi awer déi néideg Mëttelen zur Verfügung ze ginn, fir eng modern a lieweg Gemeng ze hunn.

Esou gesäit den ordinären Budget weider finanziell Mëttele vir fir eis Veräiner duerch déi rezent Erhéijung vun de Subsiden, eis berodend Kommissiounen an awer och Mesuren am Beräich vum Klima- an Naturschutz. 2026 gëtt och weider an den Entretien an an d'Sécherheet vun eise Gebaier an Infrastrukturen investéiert, woubäi elo och all Joer e Budget fir Cybersécherheet virgesinn ass.

Mat engem neie Layout vum Gemengebuet, dem Projet vun der Neigestaltung vun eisem Internetsite an neie Moyene wéi dem Noperschaftsnetzwierk HOPLR an dem partizipative Budget wëlle mir d'Kommunikatioun an d'Abanne vun eisen Matbierger weider förderen.

Enn November 2025 hu 4.480 Leit an der Gemeng Schëtter gewunnt, dat entsprécht engem Zouwuess vun 1,22% am Verglach zum viregte Joer. Dës Entwécklung ass virun allem op ofgeschlosse Wunnprojeten an d'Locatioun vun Zëmmeren an Eefamilljenhaiser zeréckzeféieren. Och wa mir domat nach ënnert dem Zil vun engem moderate Wuesstem vun 1,7% leien, ass kloer ze erkennen, dass duerch nei Bauprojete an der rue Jeanne Rouff oder op der Haaptstrooss zu Minsbech d'Awunnerzuel an de kommende Jore weider wäert klammen.

Fir dësem demografesche Wuesstem gerecht ze ginn, investéiere mir a modern, nohalteg a funktionell Infrastrukturen. Verschidde Projete si geziilt op déi jonk oder eeler Generatioun ausgeriicht, anerer richte sech u Mënsche mat engem méi niddregem Akommes oder u Veräiner. Wat all dës Projete verbënnt, ass hiert gemeinsaamt Zil: d'Liewensqualitéit an eiser Gemeng weider ze verbesseren.

Hei ënnendrënner fannt Dir eng Auswiel un Infrastrukturprojeten, déi an den nächste Jore wäerten ëmgesat ginn.

### Neien Duerfkär

Am Kader vum neien Duerfkär gouf den 9. Juli 2025 den Avantprojet détaillé gestëmmt. Virgesinn ass e Gemengegebai mat moderne Raimlechkeeten, Versammlungssäll an enger biergerorientéierter Receptioun.
Zu der éischter Phas vun der Ëmsetzung vum neien Duerfkär gehéieren och déi nei Raimlechkeete fir de Club des Jeunes souwéi de Scoutschalet. Am Fréijoer 2026 ginn de Scoutschalet an d'Bud vum Club des Jeunes ofgerappt an am Hierscht fänken d'Bauaarbechten un den neie Gebaier un. De Gesamtbudget fir dës Projete läit bei 29,8 Milliounen Euro.

D'Gemeng huet och en Accord mam Proprietär vum Gebai op der Kiercheplaz fonnt, fir dëst an zu engem spéideren Zäitpunkt och d'Eefamilljenhaus ënnendrënner ze kafen. Dës Acquisitioun gëllt als strategesch wichteg fir déi zukünfteg Gestaltung vun der Plaz.

### Extensioun vum Cycle 1 an der Maison Relais

Déi éischt Ausbauphas vum Schoulcampus start am Fréijoer 2026 mat engem provisoresche Restaurant virun der Maison Relais. Fir dëst ze realiséieren, wäert en Deel vum Parking um Campus „an der Dällt" ewechfalen. D'aktuell Mensa gëtt op de Site „Hannert Thommes" verluecht a soll temporär vun de Scouten, dem Schëtter Treff a vun de Veräiner kënne genotzt ginn. Fir dat neit Gebai vum Cycle 1, besteeënd aus Precoce, Spillschoul an der Maison Relais, ass e Gesamtmontant vu 27,4 Milliounen ageplangt, spréch 5.500.000€ fir d'Joer 2026.



**D'Detailer kënnen hei consultéiert ginn.**

### Rue Principale

Am Fréijoer 2026 fänken d'Aarbechten an der Rue Principale un. D'Stroosseninfrastruktur gëtt komplett erneiert (ë.a. Kanalisatioun an Drénkwaasserleitungen), an et gi verkéiersberouegend Moossnamen ëmgesat – dorënner d'Aféierung vun enger 30er-Zon, fir d'Sécherheet an d'Liewensqualitéit vun den Awunner ze verbesseren. De Chantier gëtt an dräi Etappe realiséiert, wat temporär Stroossespäre mat sech bréngt. Eis lokal Geschäfter bleiwen och wärend den Aarbechten op a sinn zu all Moment erreechbar.



### Infrastrukture fir den drëtten Alter

Fir de Besoine vun den eelere Matbierger gerecht ze ginn, féiert d'Gemeng aktuell Gespréicher mat Proprietären an Déngschtleeschter. Wat den Ausbau vum CIPA Nidderaanwen ubelaangt, wou d'Gemeng Schëtter een zousäzlecht Zëmmer am Demenzberäich krut, sinn d'Aarbechten ofgeschloss. 2025 gouf eng éischt Tranche vu 150.000€ iwwerwisen. 2026 kënnt eng weider Tranche vu 178.000€ dobäi, de Rescht gëtt 2027 nom definitiven Decompte beglach. Stand 2025 beleeën 20 Bierger aus der Gemeng Schëtter Zëmmeren am CIPA.

An der Seniorerie Ste Zithe zu Conter solle 54 Zëmmere bäikommen, de Bau ass fir 2027/28 geplangt. D'Gemeng Schëtter huet hiren Interessi fir en Droit prioritaire op Zëmmeren offiziell deklaréiert. Fir dëse Projet ass 2026 eng Participatioun vu 50.000€ am Budget agerechent.

### SIAS-Ressourcenzenter

Um Terrain „Um Landtrausch" entsteet e Ressourcenzenter an en nohaltegt administrativt Gebai fir de SIAS, mat Kapazitéit fir bis zu 30 Mataarbechter. D'Gemeng Schëtter huet dofir 600.000€ am Budget 2026 mat ageplangt, Maître d'ouvrage ass de SIAS. D'Fäerdegstellung ass fir 2029 ugesat.




geplangt. D'Gemeng Schëtter huet hiren Interessi fir en Droit prioritaire op Zëmmeren offiziell deklaréiert. Fir dëse Projet ass 2026 eng Participatioun vu 50.000€ am Budget agerechent.

### CGDIS-Kasär an ale Pompjeesbau

„Um Landtrausch" entsteet ausserdeem eng nei Kasär fir de CGDIS-Rettungsdéngscht, mat engem Käschtepunkt vun ongeféier 7,6 Milliounen Euro.

### Jugendhaus

D'Sanéierung vum Schëtter Jugendhaus steet 2026 um Programm. Den Avantprojet détaillé gëtt am éischte Semester am Gemengerot presentéiert. Am Budget stinn 700.000€ zur Verfügung. D'Verantwortlech vum Jugendhaus gi bei der Planung aktiv mat abezunn. Fir de Fonctionnement vum Jugendhaus ze erhalen, gëtt no enger Iwwergangsléisung gesicht oder d'Aarbechten etappenweis ëmgesat.





## Op Bissemt

D'Aarbechten um Site „Op Bissemt" lafen op Héichtouren a solle bis Juni 2026 ofgeschloss sinn, passend zu de Feierlechkeete vum FC Minsbech, deen dëst Joer säin 80. Anniversaire feiert. Fir en zweeten Trainingsterrain läit e Projet vir, dee mat der FLF analyséiert gëtt. D'Aarbechten heifir kéinten an der zweeter Hallschent 2026 ufänken, de Budget gëtt op ronn 1,25 bis 1,5 Millioune geschat. Um bestoenden Terrain gëtt de Belag erneiert, an och d'Vestiairë sollen energetesch moderniséiert ginn.

## Tennis-Infrastruktur

Laangfristeg ass eng nei Tennis-Infrastruktur mat véier Baussen- an dräi Bannen-Terrainen am Kader vum PAP „Routert" geplangt. Well de PAP nach ausgeschafft a geneemegt muss ginn, kréien d'Terrainen um Schoulcampus en neie Belag. Fir dëse Reamenagement si 400.000€ virgesinn.

## Rousepark

D'Roseraie am Park vum Minsber Schlass, ee wichtege Bestanddeel vum lokale Patrimoine mat Bléck op d'Horticulture an d'Biodiversitéit, gëtt mat dräi neie Beeter erweidert, wouvunner an enger éischter Phas der zwee wäerte realiséiert ginn. D'Aarbechte sollen am Fréijoer 2026 ufänken, fir datt am Hierscht d'Planze kënne gesat ginn. De Projet gëtt an enker Zesummenaarbecht mat de Lëtzebuerger Rousefrënn koordinéiert. 100.000€ si fir d'Extensioun virgesinn.

## Beliichtung

Uechter d'Gemeng ginn d'Luuchten duerch modernen, energiespuerenden Eclairage ersat, mat insektefrëndlecher Technologie a manner Liichtverschmotzung. Geplangt ass den Austausch vu Luuchten an der Schoul, laanscht Stroossen a Weeër, speziell an der Zone d'activité. Budget: 80.000€ (aktuelle Kredit) / 250.000€ (neie Kredit).

## Waasser

Mat Bléck op de Klimawandel huet d'Gemeng e Staarkreekonzept fir Minsbech ausgeschafft, dat 2026 och fir déi aner Uertschaften erstallt gëtt. D'Zil ass, Flächen ze definéieren, wou sech Waasser bei Staarkreevirfäll kontrolléiert ausbreede kann, fir Schied am urbane Raum ze vermeiden. Am Budget si fir dëse Projet 100.000€ agerechent. E weidere wichtege Punkt am Budget ass d'Quote-Part vun der Gemeng fir den Ausbau vun der Kläranlag beim SIDEST, déi fir 2026 virgesinn ass mat 3.000.000€.

D'Gemeng investéiert och an d'Modernisatioun an d'Sécherheet vum Waasserreseau. Geplangt ass den Ersatz vum Waasserbaseng um Neihaischen (450.000€), d'Erneierung vum Reservoir op der Boumillen (275.000€), d'Reparatur vun der Bréckelchen esouwéi d'Stabiliséierung vun der Bierge vun der Birelerbaach (100.000€). Zousätzlech gi verschidde Mesuren am Kader vum „Water Safety Plan" ëmgesat.

# GEMENGEBUET 01/2026

## Mention de la publication de règlements
## Article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988

Approbation de la décision du conseil communal du 29 octobre 2025 relative à la modification du règlement général de circulation de la commune de Schuttrange

Au chapitre II « Dispositions particulières », la rubrique concernant le Chemin Sauerbësch (liaison entre Munsbach et Senningerberg) en dehors de l'agglomération est complétée par la disposition suivante :

**Article :**
1/6/1

**Libellé :**
Limitation de vitesse

**Situation :**
Sur toute la longueur, dans les deux sens (50 km/h)

**Signal :**




Au chapitre II « Dispositions particulières », la rubrique concernant la rue du Parc à Munsbach (Minsbech) est complétée par la disposition suivante :

**Article :**
1/6/1

**Libellé :**
Limitation de vitesse

**Situation :**
Sur toute la longueur, dans les deux sens (30 km/h)

**Signal :**



Au chapitre II « Dispositions particulières », la rubrique concernant le Schlasswee à Munsbach (Minsbech) est complétée par la disposition suivante :

**Article :**
5/2/1

**Libellé :**
Zone résidentielle

**Situation :**
Sur toute la longueur

**Signal :**




Au chapitre II « Dispositions particulières », la disposition suivante concernant le Schlasswee à Munsbach (Minsbech) est supprimée :

**Article :**
5/1/1

**Libellé :**
Zone à 30 km/h

**Situation :**
Sur toute la longueur

**Signal :**




---

Il est porté à la connaissance du public que la décision du conseil communal du 29 octobre 2025 portant sur une modification du règlement général de circulation de la commune de Schuttrange a été approuvée par Madame la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics en date du 12 novembre 2025, référence cce/rc/avis/25/7655 et par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 14 novembre 2025, référence 322/25/CR.

**> Ladite délibération a été publiée en due forme.**

---

Approbation du règlement relatif à l'assainissement des eaux, y compris son annexe technique par le conseil communal en date du 29 octobre 2025. Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, en sa séance du 29 octobre 2025, a approuvé le règlement relatif à l'assainissement des eaux, y compris son annexe technique.

**> Ladite délibération a été publiée en due forme**

Approbation du règlement sur la mise à disposition de matériel informatique et de communication par le conseil communal en date du 26 novembre 2025. Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, en sa séance du 26 novembre 2025, a approuvé le règlement sur la mise à disposition de matériel informatique et de communication.

**> Ladite délibération a été publiée en due forme.**

---

Adoption du projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Schuttrange au lieu-dit « In der Acht Nord », présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la société anonyme FELINO, par le conseil communal en date du 24 septembre 2025. Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, en sa séance du 24 septembre 2025, a adopté le projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Schuttrange au lieu-dit « In der Acht Nord », présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la société anonyme FELINO. Cette décision a été approuvée par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 3 décembre 2025 sous la référence ministérielle 20143/29C.

---

Approbation d'une modification du règlement communal sur la distribution d'eau potable destinée à la consommation humaine. Il est porté à la connaissance du public que la décision du conseil communal du 26 novembre 2025 portant modification du règlement communal sur la distribution d'eau potable destinée à la consommation humaine a été traitée sans observation par le Ministère des Affaires intérieures en date du 4 décembre 2025 sous la référence ministérielle AG02-2025-A410.

**> Ladite délibération a été publiée en due forme.**

---

Approbation d'une modification du règlement-taxe concernant la fixation de la redevance à percevoir sur l'épuration des eaux usées. Il est porté à la connaissance du public que la décision du conseil communal du 26 novembre 2025 portant modification du règlement-taxe concernant la fixation de la redevance à percevoir sur l'épuration des eaux usées a été approuvée par Monsieur le Ministre des Affaires Intérieures en date du 10 décembre 2025 sous la référence ministérielle FC05-2025-A564.

**> Ladite délibération a été publiée en due forme.**

---

Approbation d'une modification du règlement-taxe concernant la fixation de la redevance à percevoir sur la distribution de l'eau potable. Il est porté à la connaissance du public que la décision du conseil communal du 26 novembre 2025 portant modification du règlement-taxe concernant la fixation de la redevance à percevoir sur la distribution de l'eau potable a été approuvée par Monsieur le Ministre des Affaires Intérieures en date du 10 décembre 2025 sous la référence ministérielle FC05-2025-A565.

**> Ladite délibération a été publiée en due forme.**

---

Approbation d'un règlement de taxes concernant la vente du bois de chauffage. Il est porté à la connaissance du public que la décision du conseil communal du 26 novembre 2025 portant approbation du règlement de taxes concernant la vente du bois de chauffage potable a été approuvée par Monsieur le Ministre des Affaires Intérieures en date du 10 décembre 2025 sous la référence ministérielle FC05-2025-A557.


**> Ladite délibération a été publiée en due forme.**

---

Approbation d'une demande de lotissement de terrains aux termes de l'article 29 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain – Schuttrange, lieu-dit « Ënnert der Haart ». Il est porté à la connaissance du public qu'en sa séance du 28 janvier 2026, le conseil communal vient d'approuver un projet de lotissement de terrains, inscrits au cadastre de la commune de Schuttrange, section A de Schuttrange, sous les numéros 46/4489 et 46/4487 (en partie), rue « Ënnert der Haart », en vue de la création d'une parcelle constructible (46/XXX1), ceci conformément au projet de morcellement, référence 14632-14(a), du 15 décembre 2025, établi par Monsieur François-Xavier Weber, géomètre officiel, du bureau « GEOCAD s.à r.l. » de Luxembourg.


**> Ladite délibération a été publiée en due forme.**

Schëtter




# Wie wäre es, wenn Sie mit der Installation einer Wärmepumpe Komfort und erneuerbare Energien vereinen?

Die Wärmepumpentechnologie ist moderne und energieeffiziente Heiztechnik: Sie gewinnt Energie aus Luft, Erde oder Wasser und wandelt sie in Wärme für Ihr Zuhause um. Dadurch lassen sich Heizkosten senken und $CO_2$-Emissionen nachhaltig reduzieren.



Oft kursieren Vorurteile: Wärmepumpen seien nur in Kombination mit einer Fußbodenheizung geeignet, ineffizient bei Kälte oder schlichtweg teuer. Die Realität sieht jedoch anders aus: Wärmepumpen arbeiten auch bei niedrigen Außentemperaturen zuverlässig, eignen sich auch für bestehende Gebäude, bieten einen hohen Komfort und benötigen wenig Wartung.

Attraktiv wird der Umstieg auch durch finanzielle Vorteile, dank der staatlichen und kommunalen Beihilfen sowie der Zuschüsse der Energieversorger.

Für den Einstieg lohnt sich die **kostenlose und unabhängige Grundberatung** von Klima-Agence. Zusätzlich stehen praktische Tools zur Verfügung:

- Die **Checkliste „Wärmepumpen in Wohngebäuden"** für Privatpersonen fasst übersichtlich alle wichtigen Punkte von Planung bis Betrieb zusammen und hilft dabei, das Projekt gut vorzubereiten und erfolgreich umzusetzen: klima-agence.lu/de/installation-waermepumpe
- Mit dem **Beihilfensimulator** können Sie die verfügbaren Förderbeträge (staatliche Klimabonus-Beihilfen, kommunale Förderungen oder Zuschüsse der Energieversorger) simulieren: beihilfen.klima-agence.lu

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Unabhängige und kostenlose Beratung**
klima-agence.lu • 8002 11 90

# Vakanz ass fir lech, poste kënnt Dir spéider.



DEN RICHTIGEN RIECHER IM INTERNET

**Fir Är Privatsphär ze schützen, deelt Är Fotoen am beschte réischt no der Vakanz.**

www.goldenme.lu

**Sécher am Internet ënnerwee – mat eise SmartEvents!**
Scann dëse QR-Code fir méi Informatiounen.

Inclusion numérique pour tous les âges
GoldenMe


GoldenMe asbl
+352 661 529 913
info@goldenme.lu


LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

# Un prix minimum pour renforcer la justice sociale et environnementale dans la filière banane



Les bananes figurent parmi les fruits les plus accessibles en magasin. Mais derrière ces prix abordables se cache une réalité souvent invisible : produire des bananes de manière durable engendre des coûts élevés — hausse des intrants agricoles (engrais, emballages, carburant), transport, salaires décents et protection sociale des travailleurs. À cela s'ajoutent les menaces liées aux maladies comme le Fusarium TR4, ainsi qu'aux aléas climatiques — sécheresses, inondations et tempêtes qui fragilisent régulièrement les cultures. Beaucoup de producteurs « conventionnels » ne parviennent plus à couvrir l'ensemble de ces dépenses, mettant en danger la viabilité économique de leurs exploitations.

## Fairtrade : un filet de sécurité pour les producteurs

**Les producteurs certifiés Fairtrade** font face à des défis similaires, mais disposent d'un **accompagnement concret et structuré de la part du mouvement Fairtrade.** En septembre 2025, **Fairtrade International a annoncé** une révision **des prix minimums Fairtrade** pour les bananes, concernant neuf origines : **Cameroun, Colombie, République dominicaine, Équateur, Ghana, Côte d'Ivoire, Nicaragua, Panama et Pérou.**

Concrètement, ce prix augmente en moyenne d'environ 6% pour les producteurs (prix à la sortie de la ferme), avec des variations selon les pays d'origine susmentionnés.

Ces nouveaux prix suivent les évolutions des éléments principaux pris en compte dans le calcul des coûts de production et ont pour objectif de renforcer le soutien aux **producteurs et travailleurs de la banane,** pour leur permettre de vivre dignement de leur travail. Au total, **37 111 producteurs et travailleurs** bénéficieront de cette décision, dont **19 % de femmes.**

Ces **nouveaux prix minimums,** validés en septembre 2025 par le Comité des Standards de Fairtrade International, s'appliqueront aux contrats conclus à partir du **1er janvier 2026.**

À ce prix s'ajoute la **prime Fairtrade**, une somme supplémentaire versée aux producteurs, leur permettant d'investir dans des projets communautaires, économiques, sociaux et environnementaux choisis collectivement. Ces projets profitent directement aux producteurs et productrices, ainsi qu'aux travailleurs et travailleuses, par exemple via l'amélioration des conditions de travail, des infrastructures locales, l'accès à l'éducation ou à la santé, et des initiatives environnementales.

En 2023, les producteurs, productrices, travailleurs et travailleuses de bananes Fairtrade ont ainsi bénéficié de plus de **35,2 millions d'euros** de prime.

## Le choix des consommateurs et entreprises au Luxembourg

Au Luxembourg, les bananes Fairtrade sont présentes depuis 1999. En 2024, **une banane sur trois consommée était certifiée Fairtrade** – un signe fort de l'engagement croissant des consommateurs pour une consommation équitable et durable. Du côté des entreprises, neuf acteurs luxembourgeois participent actuellement au programme **ONLY,** garantissant à leurs clients des bananes **100% Fairtrade et issues de l'agriculture biologique.** Ce programme contribue à réduire l'usage de pesticides dangereux et à prévenir les violations des droits humains dans la filière.

Comme le souligne **Silvia Campos, experte banane chez Fairtrade International:** « *Les producteurs ont besoin de prix justes pour continuer à produire de manière durable et garantir la viabilité de leurs exploitations. Aujourd'hui, beaucoup d'entre eux se battent simplement pour couvrir leurs coûts de production. Grâce au système Fairtrade, ils disposent d'un filet de sécurité essentiel qui leur permet d'investir dans leurs communautés et de planifier l'avenir. Chaque banane Fairtrade achetée est un geste concret de solidarité qui contribue à un revenu décent et à la durabilité de la filière.* »




## Faire le choix Fairtrade

Choisir des bananes Fairtrade, c'est **bien plus qu'acheter un fruit.** En exigeant **100% de bananes Fairtrade** dans vos corbeilles de fruits, cantines, cafétérias et autres espaces de restauration, vous contribuez à :

- garantir un revenu décent aux producteurs ;
- protéger leur santé ainsi que celle des travailleurs ;
- sécuriser les cultures face aux effets du dérèglement climatique ;
- soutenir la justice sociale et la durabilité de la filière ;
- offrir des fruits sains et de qualité à vos employés.

**Ensemble, changeons le commerce pour un monde plus juste !**

# EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL

Mir sinn eng Fairtrade Gemeng



## LE MONDE DU CACAO EST SOUS PRESSION

Ces dernier ans, les prix du cacao ont joué au yo-yo : d'abord un record historique, puis une forte baisse. Parallèlement, les producteurs de cacao font face à des défis sans précédent : récoltes perdues en raison de pluies extrêmes ou de sécheresse, maladies des plantes, hausse des prix des engrais et du transport, ainsi que de nouvelles réglementations européennes sur la déforestation et la production biologique, qui entraînent des coûts et de l'administration supplémentaires. **C'est pourquoi Fairtrade propose des prix plus élevés pour le cacao à partir de 2026. Des prix qui offrent plus de sécurité aux producteurs et les aident à investir dans leur avenir.**

### ÉQUITABLE TOUT AU LONG DE L'ANNÉE

Depuis notre café matinal jusqu'à chaque occasion de célébrer, **ayons le réflexe de nous faire plaisir et de faire plaisir en étant solidaires.** Pensez-y pour la **St. Valentin, Pâques**, la **fête des mères** et des **pères**, et tous les beaux **moments de célébration** de l'année.



## SAVE THE DATE

**Chers habitants, associations, commerces, restaurants, entreprises et vous tous qui représentez les acteurs locaux de notre commune**, marquez d'ores et déjà dans vos agendas les **SEMAINES FAIRTRADE** qui auront lieu du **04 au 17 mai 2026.** En tant que Fairtrade Gemeng, nous ne manquerons pas d'y participer et nous vous invitons tous à vous joindre à nous pour sensibiliser un maximum de votre entourage au commerce équitable. **Chaque idée, geste et action sont les bienvenues. Rendez-vous en mai** pour célébrer le commerce équitable lors de ces deux semaines. **Ensemble, nous changeons le commerce pour un monde plus juste.**






# Kastréieren. Chippen. Umellen.

Lëtzebuerger Déiereschutzliga

An Zesummenaarbecht mat APAS, Asile pour Animaux Régional - Dudelange, SEPA Escher Déiereschutzveräin a.s.b.l., Association européenne S.O.S. ANIMAUX a.s.b.l.

## ADMINISTRATION COMMUNALE DE SCHUTTRANGE

2, Place de l'Eglise - L-5367 Schuttrange

commune@schuttrange.lu
www.schuttrange.lu

**Heures d'ouverture du bureau de la population - état civil**

Mé-Do • Lu-Je • Mo-Th ____ 08:00 - 11:30
____ & 13:00 - 16:00

Fr • Ve • Fr ____ 08:00 - 14:00

**Op Rendez-vous • Sur rendez-vous • By appointment**

Dë • Ma • Tu ____ 16:00 - 18:30

Fr • Ve • Fr ____ 07:00 - 08:00

### ACCUEIL — 35 01 13 - 1
Natascha Parage-Kimmel

### COLLÈGE ÉCHEVINAL
Claude Marson, *bourgmestre*
Serge Eicher, *échevin*
Conny Ney, *échevine*

### SECRÉTARIAT — 35 01 13 - 220
*secretariat@schuttrange.lu*
Alain Dohn, *secrétaire communal*
Annick Gut
Joëlle Huberty
Robert Mannes
Ranjit Neuman
Victor Neumann
Kelly Sepulveda

### BUREAU DE LA POPULATION - ÉTAT CIVIL — 35 01 13 - 250
*population@schuttrange.lu*
Vincent Niclou, *chef de service*
Barbara Cash
Ronny Lux

### RECETTE COMMUNALE — 35 01 13 - 230
*recette@schuttrange.lu*
Mireille Reding, *receveur communal*

### SERVICE FINANCIER — 35 01 13 - 230
*facturation@schuttrange.lu*
Florian Altmann
Laurent Hartz
Cécile Stronck
Sandy Lucius

### RELATION PUBLIQUES — 35 01 13 - 600
*relations.publiques@schuttrange.lu*
Vicky Seibert-Jungbluth, *cheffe de service*
Philippe Lentz
Larry Da Luz

### DÉVELOPPEMENT DURABLE — 35 01 13 - 260
Daniel Flies

### SERVICE URBANISME — 35 01 13 - 260
*urbanisme@schuttrange.lu*
Tania Velez, *cheffe de service*
Cédric Néré

### SERVICE TECHNIQUE — 35 01 13 - 240
*servicetechnique@schuttrange.lu*
Daniel Paciotti, *chef de service*
Rodrigo Claudio
Raoul Petry
Michel Schommer
Paul Schummer
Daniel Giallombardo, *agent municipal*

### ATELIER TECHNIQUE — 35 01 13 - 262
Serge Hoffmann

### SERVICE CONCIERGERIE — 35 01 13 - 340
Oliver Pleyer

### ENSEIGNEMENT — 35 98 89 - 320
Joëlle Max, *présidente du Comité d'école*
Steve Back, *service scolaire*

### MAISON RELAIS & CRÈCHE — 35 98 89 - 377 / 621 154 707

### SCHËTTER JUGENDHAUS — 26 35 07 90

### CENTRE FORESTIER — 247 56 694 / 247 56 688 / 621 202 102
Pit Lacour, *préposé-forestier*

### RECYCLING CENTER — 34 72 80

### OFFICE SOCIAL — 27 69 29 - 1

### SERVICE DE MÉDIATION — 621 673 648
*mediation@schuttrange.lu*

### POLICE — 113

### POLICE SYRDALL — 244 78 1000

### APPEL D'URGENCE — 112

**Eau : Permanence en dehors des heures de bureau: 35 01 13 298**